



bildunge vum Personal am Beräich vun der Hygiène, der Sécherheet, der Dokumentatioun, der Detektioun vun Anomalie bei de Medikamenter, der Organisatioun an der Gestiou vum Site, der Entsuegung vun ofgelafene Medikamenter a vun der Organisatioun vu Plans d'urgence, an dernieft mussen nach d'Lokaler all méiglech...

► **M. le Président.**- Madame Lorsché, Dir misst awer lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **Mme Josée Lorsché (dêi gréng).**- Ech si fäerdeg.

...all méiglech Kritären erfëllen, fir hirer Mis-sioun kënne gerecht ze ginn.

Eiser Meenung no ass et un der Zäit, fir d'Ka-bedéngungen an der Distribution en gros vun de Medikamenter an nächster Zukunft hei zu Lëtzebuerg méi genee ënnert d'Lupp ze huelen, ëmsou méi, well déi Distributioun haut eng gesetzlech Basis als öffentlech Déngscht-leeschung kritt.

Mat der ofschléissender Fro un Iech, Här Minister, ob den Ausbau vun der Pharmalogistik vun der Regierung a Betruecht gezu gëtt, a ja wo, ob scho konkret Pläng op dësem Niveau bestinn, an, léif Kolleginnen a Kollegen, an der Hoffnung, datt d'Deontologie an der Versuegung mat Medikamenter méi grouss geschriwwé gëtt wéi de Benefiss vun de Grossisten, soen ech Iech villmools Merci fir d'No-lauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Lorsché. Als leschte Riedner ass den Här Colombero agedroen. Här Colombero, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jean Colombero (ADR).**- Merci, Här President. Fir d'Éischt Merci un den Här Engel fir säi mëndlechen a schrëftleche Bericht. Ech mengen, wat déngen déi bescht Gesetzer, wa vläicht d'Medikamenter net méi kënne produzéiert ginn? Ech mengen, bei engem Krich, dat wär jo alles méiglech, do wär et jo méiglech, dass keng Medikamenter méi kéinte fabri-zéiert ginn.

Mä mir haten awer och elo viru Kuerzem mat der Eurokrisis a Griichenland e grouss Problem, well do verschidden Apdikte keng Medikamenter méi konnte bestellen, well se keng Sue méi haten.

Ech kennen ee Fall vun enger Madame, déi hei vu Lëtzebuerg komm ass, déi wollt do Vakanz maachen. Si war ënner Benzodiazepinen. Dat ass e Berouegungsmëttel, a jiddweree weess, dass dat extrem addictif ass, dat heescht, d'Sucht gëtt ganz grouss. Déi Madame war do a si hat vergiess, hir Medikamenter matzehuelen, a wéi se an d'Apdikt gaangen ass, fir déi Benzodiazepinen ze kréien, do ware keng méi do, an déi Madame huet e kalen Entzuch gemaach. An actuelemment ass déi Madame hei-heem a si ass esou gutt wéi fäerdeg. Si kann net méi schaffen, si kann näischt méi maachen, si ass einfach - entre guillemets - „futti“! Firwat? Well se e kalen Entzuch gemaach huet mat Medikamenter, wat hir héchstwahrscheinlech, wa se d'Medikament kritt hätt, ni geschitt wär.

Also, et ass ganz wichteg, fir ze wëssen, wéi gesot, dass mer verschidde Medikamenter brauchen, net well se noutwendeg sinn, mä well mer se permanent huelen.

Eng zweet Saach, eng zweet Considératioun ass déi vum Verfallsdatum. Et si verschidde Medikamenter, déi falen no enger gewësser Zäit aus, dat heescht, de Verfallsdatum seet eis, mir dierfe se net méi huelen.

Ech perséinlech kenne Leit, déi Medikamenter geholl hunn, déi ware scho siwe Joer verfall, an dat Medikament huet nach gewierkt. An do stellt sech nach d'Fro dann: Ass et da wierklech noutwendeg, fir all Medikament, wou e Verfallsdatum dropsteet, direkt ewechzegeheien? Kann een déi net nach eng kéier analyséieren a kontrolléieren, sou wéi mer dat bei der Schwéngs-gripp gemaach hunn? Dat ass jo zwee Joer no hanne gedréckt ginn. Ech mengen, dat wär och eng Méiglechkeet, fir e gewëssene Stock vu Medikamenter ze hunn.

Eng drëtt Considératioun ass: Brauche mir iwwerhaapt Medikamenter? Dat ass déi grouss Fro, déi ee sech muss stellen. An engem Gesondheetssystem, engem optimale Gesondheetssystem, brauche mir iwwerhaapt nach Medikamenter?

Am akute Fall géif ech soen: Mir brauche keng Medikamenter. Brauche mir eng Pëll fir e Schnapp? Brauche mir eng Pëll, wa mer zwee Deeg den Duerchfall hunn? Brauche mir eng Pëll, wa mer dräi Deeg de Réck wéi hunn?

Brauche mir eng Pëll, wa mer véier Deeg net schlofe kënnen? Brauche mir eng Pëll, wa mer fënnef Deeg Depressionen hunn?

Ech soe radikal: Neen, mir brauche se net! Mir hunn nach aner Methoden, Naturmethoden, wéi zum Beispill Akupunktur, Psychotherapie, Chiropraktik an alles, wat mer nach wëllen, déi awer op natierlecher Basis agesat kënne ginn. Leider ass do de Problem, dass déi Methoden ze vill deier sinn a sozial net fir jiddwereen abordabel sinn, sou dass dann en Aarbechter, dee wierklech sech dat net ka leeschten, déi Naturmethoden net ka gebrauchen.

An do, Här Minister, do sidd Der gefuerdert, fir do e Schratt no vir ze goen.

Wat déi chronesch Krankheeten ugeet, do kann ee soen, bei Alzheimer, Parkinson, Häerzkrankheeten, do bräicht ee Medikamenter. Dat stëmmt, do brauch ee Medikamenter. Mä d'Fro muss ee stellen: Firwat si mer dann op déi Situation komm? Firwat hu mer Alzheimer kritt? Firwat hu mer Parkinson kritt? Firwat si mer häerzkrank ginn?

Dat ass déi grouss Fro, déi am Virfeld misst regléiert sinn, an duerfir musse mer eng ganz aner Medezin maachen. Well et muss ee wëssen, dass iwwert d'Halschent vun de Medikamenter Niewewierkunge provozéieren, an eis Krankheeten, déi mer hunn, eis chronesch Krankheeten, déi mer hunn, déi sinn zum groussen Deel doduerch bedéngt, duerch d'Niewewierkunge vun de Medikamenter. An hei huet d'Pharmaindustrie, d'Pharmalobby e ganz grousst Potenzial. Dat si clever Leit! Déi produziéiere Medikamenter, fir Symptomer ze behandelen, wëssend dass do aner Symptomer entstinn, an duerfir bleiwen déi permanent - permanent! - am Geschäft.

Dat ass dee grouss Message, deen ech wëll ginn: Mir mussen onbedéngt eng aner Politik hei am Land promouvéieren, eng Politik, déi et eis erlaabt, vu klengem un, wann d'Kand op d'Welt komm ass, dat Kand aneschtens ze behandelen, preventiv ze behandelen, fir spéiderhin, wa mer al sinn, ganz weineg Medikamenter ze gebrauchen. Dee Moment bräichte mer dat heite Gesetz net.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombero. Elo kritt de Gesondheetsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, d'Wuert.

(*Brouhaha et hilarité*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, leider si mer nach net esou wäit, wéi mäi Virriedner sech dat gewënscht huet, an duerfir brauche mer dat Gesetz.

Mir sinn eis alleguer eens hei an dësem Haus, dass ee Medikamenter gutt soll gebrauchen, dass ee se net mat der Schépp soll erageheien, dass Medikamenter keng Kamelle sinn an a ganz ville Beräicher et vill méi bëleg a besser Alternative gëtt, wéi Pëllen ze schlécken. „Gesond iessen, méi bewegen“ - da si mer bei deem richtegen Thema.

Mä dat ännert awer näischt dorun, dass mer Medikamenter, och gutt Medikamenter brauchen, an erklärt emol dem Kriibskranken, deen an engem schwéieren Traitement ass, dass e soll Akupunktur maachen oder „Heusäckli“ huelen! Ech mengen, esou wäit si mer net, an et soll een och net hei op der Tribün de falsche Message eriwerginn, dass all Medikamenter Quatsch sinn an dass mer eigentlech keng Medikamenter brauchen.

Dat heite Gesetz ass e weidere Schrëtt a Richtung méi Patientésécherheet. Mir verlaangen domat de Produzenten, virun allem awer de Grossisten, e Service public of.

Ech wëll soen, dass déi Situationen, wou mer a Versuegungsengpäss kommen, relativ selte sinn, mä dass et virkënn, net elo onbedéngt duerch schlechte Wëllen, mä well d'Beliwwerung ëmmer no de Statistike vun de Virjore geschitt, a wann an engem Joer méi gebraucht gëtt oder Medikamenter iwwert d'Grenz ginn, da kënn et zu Engpäss. Fir dat ze verhënnern, garantéiere mer hei, fuerdere mer of e Stock bei deene wichtege Medikamenter, baséiert op dem Verbrauch.

Der Madame Lorsché wëll ech soen: Wa méi Medikamenter gebraucht ginn, schéngt et mer awer iergendwéi logesch ze sinn, dass och méi héich Stocken do sinn, well op wat soll ee sech soss beruffen? Et kann ee jo net soen, dass, wat d'Medikamenter méi verbraucht ginn, wat d'Stock méi kleng solle ginn.

Geregelt ginn och d'Garden, geregelt gëtt och d'Bereetstellung vu Medikamenter am Noutfall, zum Beispill bei enger Pandemie, wann een dréngend e Stock brauch. Dee Stock kann ugeluecht gi bei de Grossisten, selbstverständlech géint Bezuelung.

Nun ass et esou, dass d'Versuegungsgarantie net nëmmen doduerch entsteet, dass mer hei Stocken uleeën. Mir hunn dëser Deeg zesumme mat de franséische Kollegen eng Initiativ geholl, fir och d'Versuegungsgarantie bei de Rohstoffe ze maachen (veuillez lire: ze sécheren). Dat ass net méi esou garantéiert, well eng ganz Rei vu Rohstoffe iwwerhaapt net méi an Europa hiergestallt ginn. Mir hunn also eng Initiativ geholl, fir eng Bestandsopnahm ze maachen, wou wichteg Rohstoffe iwwerhaapt net méi an Europa hiergestallt ginn. Dat gëllt zum Beispill - et géif een et net gleewen - beim Paracetamol, do ginn d'Rohstoffe hei net méi zu Lëtzebuerg (veuillez lire: an Europa) hiergestallt.

Ech wëll deem zoustëmmen, wat d'Madame Lorsché gesot huet, dass ee soll déi richtig Messagen am Gebrauch vun de Medikamenter eriwerginn, dass d'Produzente keng Massendénger sinn an dass se selbstverständlech wëllen e Maximum mat hire Medikamenter verdéngen, dass et der Autorité de santé publique hir Aufgab ass, zesumme mat de Professionelle vum Secteur de bon Usage vum Medikament ze promouvéieren.

Zu där Fro iwwert den Ausbau vun der Pharmalogistik kann ech der Madame Lorsché soen, dass et esou Projete gëtt, mä déi sinn awer nach net definitiv sprochräif. Do muss een op eng ganz Rei vu Saachen oppassen, wann ee Logistik am Pharmaberäich wëllt maachen. Et muss een och à même sinn, fir déi noutwendeg Kontrollen ze maachen, well dann ass ee responsabel fir d'Verdeelung vun deene Medikamenter.

An deem Sënn soen ech der Chamber Merci, dass mer schnell deen heite Projet konnten evakuéieren, an dem Rapporteur e ganz häerzleche Merci, dem Georges Engel, fir säi Rapport.

Merci villmools.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gesondheetsminister. Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6342 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

De Vote ass ofgeschloss an de Projet de loi ass ugeholl mat 55 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6342 est adopté à l'unanimité des 56 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Jean-Paul Schaaf), Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Raymond Weydert), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Serge Wilmes), Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessa Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber (par M. Martine Mergen), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich (par M. Ben Scheuer), Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur (par M. Claude Meisch), MM. Fernand Etgen (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(**Assentiment**)

Et ass also esou décidéiert.

Als nächste Punkt vun eiem Ordre du jour vun haut de Mëtteg hu mer eng Orientéierungsdebat iwwert de Rapport vum Médiateur 2010-2011. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eischen, Angel, Gira an Henckes.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här André Bauler als Rapporteur vun der Petitiounskommission. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

8. 6353 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité du Médiateur (2010-2011)

Rapport de la Commission des Pétitions

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wa

mer haut hei an der Chamber de Joresbericht vum Ombudsmann diskutéieren, solle mer dës Geleeënheet notzen, fir eis souwuel mat der Fonctioun vum Médiateur wéi och mat senger wichtigste Recommandatiounen auserneezen-setzen.

D'Institution vum Ombudsmann ass e feste Bestanddeel an eiser demokratescher Kultur ginn. Dat, wat aus dëser Fonctioun an acht Joer gemaach gouf, weist, dass en Ombudsmann net méi aus eiser institutioneller Landschaft ewechzedenden ass.

De Médiateur ass de Mëttelsmann tëscht dem Bierger an de Verwaltungen. Hien ass de Partner vun de Bierger, well d'Bierger sech onbürokratesch a perséinlech un e richte kënnen. En ass deen, deen dem Bierger hëllef, Problemer am Kontakt mat enger Verwaltung ze léisen. Verwaltungen musse biergerfrëndlech sinn. An ëmgedréit, wou Bierger Verwaltungen zu Onrecht kritiséieren, kann en Ombudsmann och de Partner vun der Administratioun sinn, andeems hien de Bierger déi Klosterstellung liwwert, déi Zweifel un der Gestiou vun engem staatleche Service aus dem Wee rau-men.

(**M. Gast Gibéryen prend la présidence.**)

Den Ombudsmann gëtt esou zum Mëttler tëscht engersäits Eenzelen oder Minoritéiten an anersäits der öffentlecher Verwaltung. Hie verschafft dacks grad deene Leit Gehéier, déi mat hire Suergen op daf Ouere stousen. Vläch grad dowéinst, well se sech ouni Ombudsmann net richtig unzeleeë wëssen oder well se einfach net d'Suen hunn, fir sech vun engem Affekot beroden oder e Brëif schreiwen ze loossen.

Duerch den Ombudsmann kritt all Bierger d'Chance, datt seng Kloen opgegraff an un déi richtig Adress weidergeleet ginn. Jiddweree kritt esou d'Mëttel, fir eng berechtegt Klo un eng Verwaltung ze richten, well et eben net méi de Portmonni ass, deen doriwwer entscheet.

Ech wollt duerfir am Ufank vu mengem mëndleche Rapport dem éischten Ombudsmann an der Geschicht vu Lëtzebuerg, dem Marc Fischbach, e grouss Merci soe fir säin Asaz am Déngscht vu méi Gerechtegkeet an Transparenz, fir säi regelméisseg Austausch mat der Petitiounskommission, fir seng Recommandatiounen, déi derzou bäidroen sollen, de Fonctionnement vun der öffentlecher Verwaltung am wäiteste Sënn vum Wuert ze hannerfroen.

De Rapport 2011 ass e besonnesche Rapport, well et dee leschte Rapport vum Marc Fischbach ass. Et ass e Rapport, deen eis d'Geleeënheet gëtt, d'Bilanz vu senger Amtszäit ze zéien.

Dëst Joer hunn ech dem Camille Gira seng Aufgab als Rapporteur dierfen iwwerhuelen. Ech wëll d'Occasioun notzen, fir op dëser Plaz all deene Leit Merci ze soen, déi gehollef hunn, d'Aarbechten, déi zu dësem Rapport gefouert hunn, ze suivéieren: un aller éischter Plaz dem Médiateur selwer, deen ëmmer en onkomplizéiert Verhältnis zur Petitiounskommission gëfleegt huet a bei eis koom, fir eis Ried an Antwort ze stoen, dann awer och dem President Camille Gira, deen d'Kommission mat vill Geschéck an Engagement leet. Merci och de Membere vun der Kommission fir hir Iwwerleeungen an Ureegungen. E ganz grouss Merci un d'Anne Tescher, der Sekretärin vun der Petitiounskommission, déi intensiv gehollef huet, dëse Rapport virzubereeden. Merci och dem Corinne Weis aus der DP-Fraktioun.

Ech kann op dëser Plaz net op déi detailléiert Statistike vun der Period tëscht Oktober 2010 a September 2011 agoen. Hei awer déi relevanten Zuelen: Ronn 4.500 Persounen hunn an dëser Zäit beim Ombudsmann ëm Hëllef gefrot. A bal 1.100 Fäll huet et sech ëm formell Reklamatiounen gehandelt, dat sinn der gutt 100 méi wéi an der Period virunner. 804 Reklamatiounen konnte bis zum 30. September 2011 ofgeschloss ginn. 347 Reklamatiounen ware begrënt.

Déi Verwaltungen, déi am meeschten ugesprach ginn, sinn d'Sozialversécherungen op éischter Plaz, duerno d'Gemengen an d'Steierverwaltung oder d'Steierverwaltungen. Op de Plaze véier a fënnf louchen d'Kannergelds-keess an d'Immigrationsverwaltung, duerno d'ADEM an d'Servicer am Wunnungsberäich.

An 80% vun de Fäll war déi betraffe Verwaltung direkt bereet, hir Entscheidung ze iwwerpräiwen oder ze revidéieren. Hei weist sech eemol méi, datt d'Institution vum Médiateur hir Friichten dréit.

Här President, ënnert der Form, wéi mer den Ombudsmann elo kennen, war Lëtzebuerg eent vun de leschten europäesche Länner, dat dës Institution geschaf huet. En éischte Versuch war 1976 op grouss Bedenke gestouss, esou datt op de Projet verzicht gouf. Ursprénglech war ugeduecht ginn, den Ombudsmann



vun der Regierung ernennen ze looszen. Well awer eng Rei Dispositionen hien ze staark un d'Regierung gebonnen hätten, gouf gefaart, aus dem Ombudsmann géif eng Aart Kontrollorgan vum Exekutiv ginn. 23 Joer hu mer misse waarden, bis datt an der Regierungserklärung vun 1999 festgehalen gouf, datt Lëtzebuerg de Poste vum Ombudsmann géif schafen.

Wéi de Médiateur an d'Liewe geruff gouf, goug et virun allem dorëm, dem Bierger e gewëssent Matbestëmmungsrecht ze ginn an esou déi partizipativ Demokratie ze ënnerstëtzen. Demokratie kann och nëmmen dann zefriddestellend funktionnéieren, wann tëschent de Bierger an de Verwaltung Vertraue besteet. Dës géllt ëmsou méi an eiser Zäit, wou ëmmer méi Gesetzter, nei Gesetzter, Reglementer derbäikommen. Doriwwer eraus ass de Stat selwer an ëmmer méi Beräicher aktiv. D'Verwaltungen verfüegen deemno iwwer e wuessende Pouvoir d'appréciation, eleng fir kënnen der grousser Diversitéit u Situatiounen gewuess ze sinn. Dës erkläert, firwat et néideg ass, de Bierger d'Geleeënheet ze gi sech zu Entscheedungen, déi si betreffen, ze äusseren. Och empfangen ëmmer méi Leit gewësse Schwierigkeiten, administrativ Prozeduren am Detail nozevollzéien.

D'Schafe vun der Institution vum Ombudsmann huet och engem reelle Bedürfnis entsprochen. Eleng déi fënnef éischt Méint, nodeems de Büro vum Ombudsmann 2004 opgoug, si 587 Reklamatiounen eragaangen. A siwe Joer goufen iwwer 7.000 Dossiere behandelt, vun deenen der ronn 5.500 konnten ofgeschloss ginn. Während dës Zäit hu sech 23.000 Leit un den Ombudsmann gerichtet, fir Informatiounen ze kréien. Dësen Aspekt dierf net vergiess ginn. D'Bierger kommen net nëmme mat Reklamatiounen, ob dës elo begrënnst sinn oder net, mä den Ombudsmann ass och eng Ulafstell, wou de Bierger Erklärungen a Rotschlëi kritt.

Här President, och fir d'Chamber spillt den Ombudsmann eng wichteg Roll. Hie soll nämlech präiwen, ob d'Regierung d'Gesetzter an hirem Sënn interpretéiert. Anerersäits ass d'Wierksamkeit vun engem Médiateur ofhängeg vum Handele vun der Chamber. Esou mussen d'Virschlei an d'Recommandatiounen net nëmmen zur Kenntnis geholl ginn, mä och esou vill an esou wäit wéi méiglech ëmgesat ginn. Vun de 45 Recommendatiounen goufe bis elo 31 ganz oder deelweis ëmgesat. Sécherlech stousse Recommendatiounen net grad ëmmer op Begeeschterung, an den néidege Suivi mécht sech folgenderweis mat manner Engagement.

Wéi de Marc Fischbach an der Petitionskommission war, huet hie bedauert, datt sech allze dacks d'Kommissionen ze séier mat den Erklärungen vun de verschiddene Ministeren oder Ministere zefridde ginn. Och bréngen d'Stellungnahmen dem Ombudsmann seng Kritiken net ëmmer op de Punkt. Esou deelt och d'DP-Fraktioun d'Usicht, datt den Débat mat der Regierung kontradiktoresch geféiert soll ginn, bis een dann op eng pertinent a komplett Äntwert kënnt.

2003 huet e Gesetz de Médiateur an d'Liewe geruff. Kee woust mat gréisster Präzisioun virauszesoen, wéi dës Institution sech géif entwéckelen. Eng Institution, déi um Pabeier steet, muss mat Liewen erfëllt ginn. Et muss ee wëssen, datt se net vun haut op muer op de Bee steet. D'Statistike schwätze fir sech an den Ombudsmann gehéiert elo fest an eis institutionell Landschaft.

De Marc Fischbach huet seng Missioun ganz eescht geholl a se och esou ëmgesat, datt se den héchsten Erwaardungen gerecht konnt ginn. Scho fréi gouf erkannt, datt ee mat engem eenzege Büro an der Stad net kéint gläich gutt op all d'Bierger zougouen. Esou gouf 2006 zu Wolz eng Antenn opgemaach, déi zweemol am Mount Ulafstell fir d'Leit aus dem Éislek ass. Donieft huet de Médiateur sech och beméit eng Permanence zu Schraesseg an zu Giwenech ze garantéieren. Dobäi koom dunn e Gesetz vun 2010, dat op eng UNO-Konvention zréckzeféieren ass, an deem den Ombudsmann d'Missioun vun der externer Kontroll vun de Lieux privés de liberté, also virun allem de Prisongen zougewise krut.

Zanter 2011 suert hien zesumme mat der Commission consultative des droits de l'Homme an dem Centre pour l'égalité de traitement fir de Schutz vun den handicapéierten Persounen. An deem Kontext gouf drop higewisen iwwert d'Iddi nozedenken, fir eventuell en neit Organ ze schafen, dat zoustänneg wier fir d'Verdeedegung vun de fundamentale Rechte, esou wéi dat a Frankräich de Fall ass. Dee Moment kéinten den ORK, de CET an déi konsultativ Mënscherechtskommission, ähnlech wéi a Frankräich, regroupéiert ginn an d'Roll vum Médiateur géif sech nees op deem säi klassesche Profil begrenzen.

D'Ureegung vum Ombudsmann hu Friichte gedroen. Ech denken do zum Beispill un d'Kannergeldskeess, déi no ville Reklamatiounen restrukturéiert konnt ginn an elo besser opgestallt ass. D'Reorganisatioun, déi mat engem externe Consultant duerchgefouert gouf, soll elo dozou féieren, datt sech déi intern an extern Kommunikatioun vun der Kannergeldskeess verbessert an datt d'Prozedur vereinfacht ginn. En informativ System, deen de reelle Bedürfnisse vun de Gestionnaire Rechnung dréit, eng harmoniséiert Gestiou vun den Dossieren oder och nach d'Eropsetze vun den Telefonslinnen, dat sinn e puer Chantieren, déi attackéiert goufen, fir endlech eng spierbar Verbesserung erbaizeféieren.

Eng weider Recommandatioun, déi sécherlech zu enger Reform vun enger Administratioun bäigedroen huet, ass déi vun der ADEM. D'Unzuel vu Reklamatiounen, déi un d'ADEM gericht sinn, huet mat de Joren net ofgeho. Fir d'Joer 2010/2011 si vun den 49 Reklamatiounen der 30 berechtigt gewiescht. Et ass ze hoffen, datt d'Reform vun der ADEM der Recommandatioun gerecht gétt. Bleift et awer bei der Strukturreform, ouni datt sech eppes Wesentlech an der Vermittlungs-, Orientierungs- a Weiterbildungskultur ännert, ass ze fäerten - dat ass a war jiddefalls d'Meenung vun der Demokratescher Partei -, datt d'ADEM den Ombudsmann weider beschäftege wäert.

E positivt Beispill ass dogéint dat vun der elektronescher Petition. E Modell, deen am Rapport 2009 virgeschlo gouf a wou elo d'Perspektiv besteet, fir iwwert den digitale Wee seng Uleessen un d'Chamber erunzebréngen. Esou wéi den däitsche Modell et scho virleift, kéinten d'Bierger hir Petitioun elektronesch direkt un d'Chamber schécken. D'Bierger kéinten also och online eng Petitioun ënnerschréien, wat hinne sécherlech erlaube wäert, hir Doléancen op eng manner opwendeg Manéier un déi politesch Instanzen ze bréngen. Déi eigentlech Innovatioun vun dësem Modell besteet awer grad doranner, fir an enger öffentlecher Kommissionssitzung eng Debatt mat alle Betreffenen ze organiséieren.

Awer et gétt och negativ Fäll, wou sech trotz dem Engagement vum Ombudsmann näischt gedoen huet, denke mer un d'Reklamentationsprozedur. Ech erënnere do nach eemol un de Rapport d'activité 2009/2010, wou den Ombudsmann schonn eemol op dës Problematik higewisen hat, ouni datt sech awer eppes gedoen huet. Den Ombudsmann ass a bleift der Opfaassung, datt d'Absence vun enger Recoursméiglechkeet engem Rechtsstat net würdeg wier, datt dës also contraire zu de Mënscherechter ass!

Nach e puer Wuert zur Recommandatioun N°44 vun dësem Joer iwwert den Délai de prescription de droit commun. D'Membere vun der juristescher Kommission hunn dem Ombudsmann säi Virschlag, nämlech fir d'Verjährungsfrist op ee méi verstännegen Délai erofzesetzen, zur Kenntnis geholl. Dësen dierft op kee Fall den Zäitraum vun zéng Joer iwwerschréien. De Justizminister huet iwwregens eng Verjährungsfrist vun zéng Joer ugeknéngt.

D'Recommandatioun geet op Kloe vu Bierger zréck, déi vum Stat verpflichtet goufen eng gutt Staang Geld zréckzebezuelen, well d'Verwaltung sech verrechent hat. An engem spezielle Fall hat esou zum Beispill de Service d'aide au logement 17 Joer gebraucht, fir eng bestuete Koppel opzufuerderen, méi wéi 3.000 Euro erëmzebezuelen.

Wéi Der gesitt, ass also d'Funktioen vum Ombudsmann aus enger evidenten Noutwendegkeet entstan an d'Wichtigkeet vu senger Aarbecht gétt sécherlech net méi a Fro gestallt. Seng Aarbecht kritt déi Bedeitung, déi se verdéngt. Mä dësen Erfolleg werft awer weider Froen op, zum Beispill wat säi Kompetenzfeld betrëfft oder seng Zesummenaarbecht mat anere Médiationsinstitutionen. Dës Froen, déi mat der Institutionskommission behandelt goufen, wéilt ech kuerz virstellen, zesumme mat anere Schwéierpunkten.

Här President, eng essenziell Fro, déi dës Joer am Rapport opkomm ass, ass déi, ob den Ombudsmann net sollt an d'Constitution age-schriwwen ginn. Dës Schrëtt géif der Institution vum Médiateur e symbolesche Wäert an eng gewësse Visibilitéit ginn. D'Recht op Médiatioun, wat jo zu de fundamentale Rechte vum Bierger gehéiert, kéint duerch d'Aschreiwene an d'Verfassung nëmme bestärkt ginn.

Hei gouf e gewëssene Parallelissem mat der Cour des Comptes gesinn. D'Cour des Comptes steet an der Verfassung, si ass e Kontrollorgan vun der Chamber. De Médiateur iwwerwaacht de Funktionement vun der öffentlecher Verwaltung, an deem Mooss, wou e sech mat alle Kloe befaasst, déi un hien erugedroe ginn an andeems hie seng Empfehlungen an engem järeliche Bericht festhält. D'Cour des Comptes hirersäits ass mat der Kontroll vun der finanziel-

ler Gestiou vum Stat beoptraagt an deelt och hir Observatiounen an engem järeliche Rapport mat.

Den Artikel 105 vun der Verfassung ass der Cour des Comptes reservéiert. Ähnlech kéint et also bei der Institution vum Ombudsmann zu enger Ännerung kommen, andeems och si an der Constitution verankert wier oder géif ginn. Eng ganz Rei europäesch Länner, esou wéi Schweden, Spuenien oder Portugal hunn d'Fonction vum Ombudsmann an hir jeeweileg Verfassung agebroen. Als Referenz gouf de franséische Modell genannt.

Den Austausch mat der Institutionskommission huet erginn, datt d'Verfassung weiderhi soll liesbar sinn an datt een net méi soll drasetzen, wéi noutwendeg. Dës Opfaassung schléisst sech all Fraktiounen un. D'Constitution soll op dat Wesentlech reduzéiert bleiwen. De schlanken an iwwersichtleche Charakter vun der Verfassung soll also net geännert ginn. Et ass och net, datt, wann eng Institution an der Verfassung steet, sech do-duerch wierklech eppes um Terrain ännert.

D'Fro, déi ee sech muss stellen, ass also folgend: Gétt et en trëflege Grund? Déi symbolesch Bedeitung eleng geet net duer. Wéll een dem Ombudsmann méi Pouvoiré ginn, wann een an an der Verfassung verankert? Wier dat de Fall, muss ee sech froen, wou en dann age-schriwwen gétt? Bei d'Chamber? Oder soll et e Kapitel sonner sinn? Wéi délimitéiere sech seng Pouvoiré vun aneren Institutionen? Tangéiert dat net d'Autonomie, also d'Onofhängegkeet vum Médiateur, zum Beispill, wann en ënnert d'Kapitel iwwert d'Chamber agedroe gétt?

De Médiateur ass nämlech, am Géigesaz zum Rechnungshaff, net der Chamber ënnerstellt, och wann e vun hir designéiert gétt. Wann de Médiateur en Organ vun der Chamber wier, da géif d'Chamber e saisiieren an da wier en net méi autonom! Or, de Médiateur ass awer en onofhängegt Organ a soll dat och bleiwen. De Médiateur ass och do fir d'Doléancé vun de Bierger entgéintzuehelen an hinnen esou e gewëssene Schutz unzébiden. Et ass awer keen Organ, dat am Optrag vun der Chamber eng generell Kontroll iwwert d'Regierungsverwaltung ausübt.

Am Rapport vun dësem Joer gouf och drop higewisen, datt den Ombudsmann a sengem Kompetenzfeld op gewësse Grenze stéisst an dierfir fir d'Ausweitung vun dësem plädéiert. Dem Gesetz no falen ënnert dem Ombudsmann seng Kompetenzen d'Reklamatiounen bezüglech de Fonctionnement vu Stats- a Gemeindeverwaltungen, esou wéi och dee vun den öffentlichen Etablissementen. Eigentlech misst all Organ, dat mat enger Mission de service public beoptraagt ass, ënnert d'Kompetenzfeld vum Ombudsmann falen, esou de Marc Fischbach a sengem Rapport.

De Stat ass dann och an de leschte Jorzénge net midd ginn, fir Servicer privaten Acteuren am Kader vu Konventionen unzevertrauen. Iwwregens dréit de Stat op eng beträchtlech Manéier zum Finanzement vun dëse bäi. Dierfir muss och eng extern onofhängeg Kontroll vun der Qualitéit vun dëse Servicer erlaabt sinn, betount den Ombudsmann. Zurzäit ass awer och esou eng Kontroll iwwerhaapt net méiglech. E pertinent Beispill an deem Kontext liwwert de Secteur vun der Gesondheet, well de Stat jo staark an den Infrastruktur- a Fonctionnementskäschte vun de Spideeler intervenéiert. Esou gesi kann een de Gesondheessektor prinzipiell als öffentleche Secteur betruechten.

Dem Médiateur seng Kompetenz beschränkt sech awer ausschliesslech op déi Spideeler, déi en öffentleche Statut hunn, während Kloe aus private Kliniken net kënnen vum Ombudsmann behandelt ginn. Dës Kliniken ënnerleien net senger Kompetenz. Esou stellt sech berechtelterweis d'Fro vun der Kohärenz am Médiateur senger Aktioun.

Den Ombudsmann huet och drop higewisen, datt, wann e Gesetz géif gestëmmt ginn, dat e spezifesch Médiateur fir de Gesondheessektor virgeséicht, datt dës Médiateur iwwert dëselwecht Interventionsmëttel misst verfüge wéi hie selwer. Géif d'Médiationsprozedur an der Santé fakultativ bleiwen, da misst et zu enger Ausweitung vum Ombudsmann seng Kompetenzen op de Gesondheessektor kommen.

Ähnlech ass et am Fall vun de Maisons relais an de Gemengen oder beim öffentlichen Transport. Wann eng Gemeng der Caritas oder der Croix-Rouge d'Gestioun vun enger Maison relais uvertraut, kann de Médiateur keng Plainte entgéintzuehelen. Wann awer eng Gemeng dës Service selwer an d'Hand hält, dann dierf den Ombudsmann sech aschalten. Do ginn also och zweeërlee Mooss ugewannt.

E Client, deen eng berechtigt Klo iwwert d'Qualitéit vum Service an engem Bus vun der

Stad Lëtzebuerg huet, ka sech un de Médiateur wenden. Handelt et sech awer ëm eng privat Busfirma, déi vun der öffentlecher Hand Gelder kritt, dierf de Médiateur sech par contre net aschalten. Am net-konkurrenzuelle Secteur muss dat awer méiglech sinn. Et geet hei net ëm d'Kontroll vum Service, mä et geet drëm, datt d'Leit hir Rechte kréien. Dat misst, esou gouf gemengt, iwwer Gesetz geregelt ginn oder d'Konvention mam Stat misst an d'Gesetz kommen.

Am konventionéierte Secteur ginn et Dausende vun A.s.b.l.en. Mir hunn e konventionéierte Beräich queesch duerch de Gaart. D'Cour des Comptes an de Familjeminière hunn net iwwerall den Abléck. Dacks geschéien awer Saachen a konventionéierte Strukturen, déi verlaangen eng Reaktioun. Dierfir misst et, nom Wunsch vum Ombudsmann, eng extern Ulafstell am Fall vun individuelle Plainté ginn, fir anzegreifen, zemoos well d'Direktioun vun esou Strukturen oder Vereenegunge befaangen ass. Wann de Stat dem Privatsektor eng Mission de service public iwwerginn huet, muss ee Service punktuell kënnen iwwerpréift ginn. Et misst ee sech och qualitativ Kritäre ginn, fir déi Associatiounen ze kontrolléieren, Kritäre wéi Gläichbehandlung, Continuitéit an Upassung vum Service public.

Generell sinn d'Partei sech eens, datt d'Institutionskommission de Begrëff vum Service public klärféiere soll. D'Institutionskommission wäert eng Bestandsopnahm vun de Médiatiounen maachen, déi et bis ewell ginn, a präiwen, a wat fir engem Mooss d'Kompetenz vum Ombudsmann muss erweidert ginn. Si präift och, wéi déi sektoriell Médiatioun an aneren EU-Länner gehandhaabt gétt.

Esou ass och meng Fraktioun der Meenung, datt all Bierger beim Ombudsmann eng Ulafstell misst kënnen fannen, fir esou zum Beispill och seng Plainten iwwert d'Qualitéit vun all Crèche an all Maison relais areeche ze kënnen. Et misst ee Kritäre festleeën, esou datt och eng privat Associatioun oder Stéftung, déi grëss-tendeels mat öffentleche Gelder ënnerstëtzt gétt, ënnert d'Kompetenz vum Ombudsmann fällt. Als Kriter kéint ee sech zum Beispill virstellen, datt nieft dem Ofschlüsse vun enger Konvention och de Prozentsaz vun öffentleche Gelder, déi un d'Etablissementen bezuelt ginn, kéint zréckbehalen ginn.

Et geet also hei net ëm d'Natur vum Prestataire de service, mä ëm d'Natur vun der Dëngschtleeschung. D'DP, d'LSAP an déi gréng ware sech eens, datt de Bierger aus Grënn vun der Gläichbehandlung den Ombudsmann kann uruffen, wann et sech ëm Plainté ronderëm d'Qualitéit vu Servicer a Crèchen oder Maisons relais dréit, dës also onofhängeg vum Prestataire de service, well de Service jo vun Natur aus en öffentleche Service ass.

Als lescht Remarque wéilt ech nach ze bedenke ginn, datt d'Ausweitung vum Ombudsmann sengem Kompetenzfeld och dann nëmme positiv Resultater mat sech brénge kann, wann dem Ombudsmann dat néidegt Personal zur Säit steet. Hei muss ee sécherlech och de finanziellen Impakt a Betruecht zéien.

Här President, e wichtige Punkt am Rapport vum Ombudsmann war d'Recommandatioun N°45 iwwert d'Institution vun engem Iwwerwachungsorgan iwwert d'Ordres professionnels an aner liberal Beruffer. Hei huet d'Petitionskommission d'Stellungnahme vun der Chambre des notaires, dem Collège médical, dem Ordre des avocats, der Chambre des huissiers, dem Ordre des experts-comptables, dem Ordre des architectes et des ingénieurs, dem ieweschte Gerichtshaff an dem Procureur général studéiert.

Wéi huet de Médiateur seng Recommendatioun begrënnst? Hien huet d'Petitionskommission drop higewisen, datt hien ongeféier 20 Kloe kritt huet iwwert d'Aart a Weis, wéi Plainté bei gewëssenen Ordres professionnels behandelt ginn. Persounen, déi sech bekloen, behaupten, datt si entweder guer keng Äntwert kritt hätten, also emol keen Accusé de réception, oder datt si just ganz kuerz gefaassten Äntwerten ouni motivéiert Entscheedung geschéckt kruten. Wat soll eng Persoun maachen, wa se d'Gefill huet, datt se widder eng Mauer leeft? Dat ass den Enjeu, esou wéi den Ombudsmann en duergeluecht huet.

Dobäi muss ee wëssen, datt d'Ordres eng Schutzpflicht vis-à-vis vun de Clienten hunn. Dës hätten awer d'Gefill, esou den Ombudsmann, datt se net ëmmer wouergeholl gétt an datt de Reflex géif bestoen, fir éischter déi eege Memberen ze schützen wéi d'Clienten. Or, betount den Ombudsmann, mir liewen haut an



enger Zäit vun Transparenz an dës verlaangt, datt een en Abléck an d'Innenleben vun den Ordres därerf hunn. Duerfir verlaangt hie méi Duerchsiicht a méi Vertrauensbildung.

De Médiateur huet déi betraffe Bierger dann och driwwer informéiert, datt d'Ordres professionnels net ënner sâi Champ de compétences falen. Hien huet et duerfir och net fir ubruecht fonnt, déi formuléiert Plainté systematesch un déi concernéiert Ordres weiderzeginn. Hien huet et just fir opportun fonnt fir déi gravste Plainté weiderzerechen. De Médiateur ass effektiv net habilitéiert fir driwwer ze uerteelen, ob ee Plaignant Recht huet, wann hie sech un een Ordre gericht huet, mä et geet him just ëm eng appropriéiert Behandlung vun de Kloeën.

De Médiateur huet och kritiséiert, datt d'Conseils de discipline vun den eenzelnen Ordres professionnels just op Initiativ vum Président respektiv vum Bâtonnier saiséiert ginn. Wann dësen et net fir néideg fënnst eng Affär weiderzeginn, dann huet d'Plainte einfach keng Suite. Hei ginn déi respektiv disziplinaresch Réit an hir Funktiounsweis net a Fro gestallt, mä just d'Prozedur, wéi dës Conseile befaasst solle ginn.

A senger Recommandatioun huet de Médiateur proposéiert fir de Pouvoir de surveillance engem Collège vun dräi Conseillere, déi der Cour d'appel ugehéieren, unzevertrauen. Als Alternativ zu dëser Prozedur kéint sâin eegent Kompetenzfeld ausgedehnt ginn, esou datt hie bei all Organ, dat eng Mission de service public huet, kéint intervenéieren. Esou kéint hien dann och Reklamatiounen iwwert d'Ordres professionnels entgéin huelen, esou wéi dat a Frankräich de Fall ass.

Wéi waren elo d'Reaktiounen vun deene verschiddenen Acteuren op dës Recommandatioun? Vu Regierungssäit huet just d'Madame Minister vum Mëttelstand d'Recommandatioun ënnerstëtzt.

Wat d'Ordres professionnels selwer ugeet, war et ze erwaarden, datt si alles mä net ameséiert wieren. Esou fënnst den Ordre des avocats, datt esou een externt Kontrollorgan sech net justifiéiere léisst, well hir intern Organer a Prozeduren zefriddestellend géife funktionéieren. Och den OAI ka sech mat dem Médiateur sengem Vorschlag absolut net ufrënden.

D'Ordres weisen drop hin, dass hir respektiv Strukturen verschiddearten sinn. Et si verschiddenen Ordres a verschidde Gesetzgebungen. Dat huet mat der respektiver Geschicht vum Ordre ze dinn. An enger Entrevue mat der Fédération luxembourgeoise des travailleurs intellectuels indépendants (FTI) hunn hir Vertrieeder net ofgestriden, dass et Dossiere gouf, déi net korrekt behandelt goufen. Si soen awer, datt d'Uerteel vum Ombudsmann ze pauschal ausgefall wier. Jiddefalls wëlle si net agesinn oder wëlle si net gesinn, datt e weidere Verwaltungsapparat opgebaut gëtt. E weidert Gremium géif näischt bréngen, mä d'Saach just méi komplizéiert maachen.

D'Affekoten hunn esou zum Beispill drop higewisen, datt et sech haaptsächlech ëm d'Heicht vun Honorairen handelt, soubal eng Plainte géint ee vun hire Membere gemaach gëtt. Et kënnst och alt emol vir, datt en Affekot net genuch Erklärungen gëtt, firwat eng Affär viru Geriicht erëm ausgesat gouf. Den Ordre des avocats wier awer ganz aktiv, fir op Plachten ze reagéieren. Deontologesch Feeler géife séier sanktionéiert ginn. Den Ordre des avocats huet selwer en eegene Médiateur, deem seng Roll och nach kéint ausgebaut ginn. Gleeft een dem Bâtonnier, esou funktionéiert hire System gutt, a wann een Affekot e grave Feeler mécht, da wier dat souwiesou eng Affär fir d'Gerichter. De toute façon dierft een net aus den Ae verléieren, datt et ëmmer nees Leit ginn, déi mat näischt a mat kengem zefridde sinn. D'Leit sinn iwwerzeugt, datt si Recht hunn, a wann dann ee Prozess verluer geet, gi se dacks dem Affekot d'Schold, esou d'Vertrieeder vum Ordre des avocats.

Och de Procureur général an d'Cour supérieure de Justice sinn esou engem Kontrollorgan kengeweegs gutt gesënnt. D'Cour schreift ënner anerem an hirem Avis, datt déi éischt Missioun vun de Magistraten déi ass, fir Recht ze spriechen, an net, fir de Funktionnement vun dësem oder deem liberale Beruufsstand ze iwwerwaachen. En Terrain d'entente bestéing awer doranner, fir d'Législatiounen openeen ofzestëmmen, virun allem bei der Verjährungsfrist.

Eng méigleche Harmoniséierung vun de Gesetzgebungen misst och mat sech zéien, datt en Ordre verpflichtet ass bei all Plainte, déi ageerecht gëtt, en Accusé de réception ze verfaas-

sen. D'DP, déi gréng an d'LSAP hu sech fir eng Harmoniséierung vun de Gesetzer iwwert d'Ordres professionnels ausgeschwat. Et geet jo net drëm fir en eenzege juristesche Kader ze schafen, mä all Loi organique ënnert d'Lupp ze huelen, virun allem wann een d'Dispositiounen, déi d'Behandlung vun de Plainté regelen, openeen ofstëmme wëllt.

Am Gespréich mat der neier Médiateure ass vun hirem Säit aus folgend Léisung virgeschloe ginn: All Ordre professionnel soll formell a sengem Règlement eng intern Médiationsfunktion aféieren, esou wéi se scho beim Barreau vum Ordre des avocats existéiert. Dës Funktioun misst also vun engem Member vum Ordre iwwerholl ginn, dee besonnesch vill Erfahrung a Geschéck huet, oder duerch en agréierten haaptberuffleche Médiateur. Dës sektoriell Médiateure missten awer all eng spezifesch Formatioun an der Technik vun der Médiation duerchlaf hunn.

D'Petitionskommissioun huet d'Iddi, fir sektoriell Médiateuren an d'Liewen ze ruffen, begreist an ass och zefridden, datt déi eenzel Ordres professionnels dës Léisung géifen akzeptéieren.

Här Präsident, en anere Sujet, deen de Médiateur a sengem Rapport ervirgehuewen hat, ass d'Applicatioun vum Gesetz vum 14. März 1973 iwwert d'Schafung vun Instituter a Services am Beräich vun der Education différenciée. Den Ombudsmann huet hei schonn a sengem Rapport 2009/10 iwwer verschidde Reklamatiounen beréicht. D'Reklamanten hu kontestéiert, datt si héich Montantë vum Familljeministère gefrot goufen, dëst als Bedeelegung u Placementskäschte vun hire Kanner an engem auslänneschen Institut. Fir de Médiateur ass den Artikel 8 vun dësem Gesetz net ganz kloer. Den Artikel seet ënner anerem, datt den Enseignement an d'medezinesch Behandlung an deene betreffenen Instituter gratis ass. Dat géllt och fir d'Education, déi am Ausland ugebued gëtt an déi vu Lëtzebuerg aus unerkannt ass.

An engem Échange mat der Madame Familljeministesch gouf kloer, datt de Ministère net vun enger absoluter Gratuitéit ausgeet. D'Madame Minister sot, datt déi schoulesch Onkäschten an der Education différenciée zu 100% en charge geholl ginn, an zwar iwwert de Wee vu Kreditte, déi den Educationsministère accordeiert.

Wat elo d'Frais de séjour ugeet, esou wëllt d'Regierung net, datt d'Elteren total vun hiren alimentäre Verpflichtungen entbonne ginn. De Familljeministère ass awer bereet, op Ufro vun den Elteren an ënnert der Bedéngung, ënnert der Konditioun, datt d'Kand vun der nationaler Commission médico-psycho-pédagogique orientéiert gouf, sech un de Frais de séjour an enger spezialisierter auslännescher Institutioun ze bedeelegen.

Een Avis vun der zoustänneger Commissioun ass outwendeg, fir datt ee Kand an d'Ausland placéiert ka ginn. Eréischt wann do en Accord virläit, kann eng Demande beim Familljeministère agerecht ginn, fir datt dëse sech un den Onkäschte bedeelegt. Dat wat d'Eltere mussen bäileë fir d'Internat oder de Centre d'accueil am Ausland, gëtt no de Modalitéite vun enger spezieller Konventioun geregelt. Et ass kloer, datt de Revenu an d'Zuel vun de Kanner, déi der Famill ugehéieren, a Betruecht mussen gezu ginn.

D'Madame Minister huet betount, datt eng Bedeelegung vun den Eltere berechtigt wier, well Elteren, déi hir Kanner an en Internat ginn, ouni datt si ënnert d'Gesetz vun 1973 falen, misste jo och fir d'Verpflegung an engem Internat opkommen. D'Familljeministesch huet dann och bestäegt, datt dat eenzegt Internat am Beräich Education différenciée zu Lëtzebuerg den Institut pour Infirmités Motrices Cérébrales ass. Hei brauch keen eng Bedeelegung ze bezuelen, weder fir d'Scolarisation nach fir den Hébergement, an dëst onofhängeg vum Akommes.

D'Madame Minister huet gemengt, datt déi finanziell Bedeelegung vun den Elteren, déi hiert Kand an d'Ausland mussen ginn, ganz begrenzt bleift par rapport zu där vum Staat. All eenzelne Fall gëtt individuell gekuckt, fir datt d'Famill net a finanziell Nout geréit.

Fir all Amëschung an eng lafend Affär viru Geriicht ze vermeiden, hunn déi parlamentaresch Kommissiounen zréckbehalen, datt een d'Uerteel soll ofwaarderen. D'Kommissiounen sinn awer zur politescher Konklusioun komm, datt fir eng méi grouss Équitéit ze erreichen, déi staatlech Bedeelegung un de Frais de séjour adequat muss sinn.

Wann et net anescht geet, muss et och méiglech sinn eng Gratuitéit ze garantéieren, wa Kanner am Ausland placéiert mussen ginn, well d'Elteren heiheem keng passend Institutioun oder kee passend Institut offréiert kréien. D'Elteren, déi betraff sinn, hu jo keen anere Choix wéi hiert Kand an d'Ausland ze ginn, an dat ën-

nerscheet si vun anere Familien, déi hir Kanner fräiwëlleg am Ausland léieren a betrieie loosse. Aus där Perspektiv gekuckt bräicht et da keng Participatioun un de Frais de séjour ze ginn. Wéi gesot, hei muss d'Uerteel ofgewart ginn, ier weider gehandelt ka ginn.

Här Präsident, mat dësem leschte Punkt wëllt ech mä mëndleche Rapport schléissen, alle Bedeelegten nach eemol häerzlech Merci soen an hoffen, datt och an Zukunft d'Ureegungen, d'Recommandatiounen an d'Kritik vum Ombudsmann dat Gehéier fannen, dat noutwendeg ass, fir datt den Dialog tëscht dem Bierger an de Verwaltungen sech esou verbessert, datt d'Vertraue vun de Leit an de Rechtsstat an an déi öffentlech Institutiounen gestärkt gëtt.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den Här Félix Eischen agedroen. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Félix Eischen** (CSV).- Merci, Här Président. Dir Dammen an Dir Hären, virewech, esou wéi dat sech passt, wëll ech dem Här Bauler e grouse Merci soe fir sâin ausféierleche Rapport. Awer net nëmmen, well dat sech esou passt, mä well den Här Bauler hei wierklech eng exzellent Aarbecht gemaach huet.

Wa mir haut zesumme si fir iwwert dës Rapport ze diskutéieren, da mussen mir feststellen, dass d'Médiatioun jo keng nei Institutioun als solches hei zu Lëtzebuerg ass, mä e ganz rezente Phenomeen fir de Grand-Duché.

Dobäi ass den Ombudsmann keng Erfindung vun der Neizäit. A Schweden, fir nëmme kuerz historesch eng Kéier auszuhuelen, ass den Ombudsmann schonn am Joer 1809 opgedaucht. Et war souzoeseng Fonctioun, de Bierger géint d'Abus vum Statsapparat ze schützen.

No an no, a virun allem och nom Zweete Weltkrich, ass de Médiateur och an aneren Demokratien zu enger Institutioun ginn. An et ass och net verwonnerlech, dass de Conseil de l'Europe am Joer 1975 senger Memberstate recommandéiert huet, sech dëser Saach unzehuelen.

Den Ombudsmann stoung awer net méi nëmmen am Raum als Défenseur vum Bierger, vill méi ass d'Duebelfonctioun vum Médiateur an de Mëttelpunkt gestallt ginn: Intermédiaire tëscht Bierger a Statsapparat an zousätzlech Verbesserer vum Statsapparat.

Um Niveau vun der Europäescher Unioun huet den Traité vu Maastricht den europäesche Médiateur an d'Liewe geruff. Et sollten duerno dunn zéng Joer vergoen, bis Lëtzebuerg de Médiateur a sâi Gesetzeswierk mat aflësse gelooss huet.

Et wor dunn, an dat kann een haut mat aller Determinanz soen, fir déi nei geschafte Fonctioun e Glécksfall, dass de Marc Fischbach dem Land zur Verfügung stoung, fir dës Posten ze begleeden.

Mat sengem Bagage als Riichter um europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter an och Observateur beim Conseil de l'Europe iwwert de Projet vun der europäescher Charta fir d'Grundrechte, huet hien et exzellent verstanen, sech den Doléancé vun de Leit unzehuelen, de Lien tëscht Bierger an öffentlecher Hand am Noutfall ze sinn a virun allem och Séil an dës Fonctioun eranzebréngen.

Déi, déi d'Designatioun sengerzäit vum Här Fischbach a Fro gestallt hunn, mussen haut unerkennen, dass hien dës Instanz zu deem gemaach huet, wat se ass.

Där neier Médiatrice wënsche mir déiselwecht glécklech Hand an déi néideg Energie fir den Asaz.

Här Präsident, et muss een also onweigerlech feststellen, dass den Ombudsmann trotz senger kuerzer Geschicht hei am Land zu engem feste Bestanddeel vun eiser moderner Demokratie ginn ass. D'Mënschen hu Vertrauen an de Médiateur an dat stierkt och hiert Vertrauen an den öffentleche Secteur. Et ass sécher net iwwerdriwwen ze behaupten, dass den öffentleche Secteur zanter der Kreatioun vum Ombudsmann un Effizienz gewonnen huet. Et ass also vir all Bedeelegt eng Win-win-Situatioun an dat ass och gutt esou!

Waren et fir den Zäitraum tëscht dem 1. Oktober 2004 an dem 30. September 2005 nach ongeféier 2.000 Leit, déi sech beim Ombudsmann gemellt hunn, sinn et der fir d'Joresperiode 2011 no bei 4.500.

Den Taux de correction, dat heescht d'Unzuel vun ofgeschlossenen Affäre par rapport zu den agerechtenen Dossiere variéiert tëscht 72,4% am Ufank bis liicht iwwer 80% haut. Dat ass e Beweis fir den onbändige Asaz vum Ombudsmann fir d'Rechter vum Bierger.

Onofhängeg vun de vir genannten Zuele soll ee sech dann d'Fro stellen, firwat den Ombudsmann dee Succès kannst huet, dee mer dann haut kennen. Ech wëll dann och hei net weider op d'Persoun vum Ombudsmann agoen. Wat där ganzer Institutioun awer virun allem zegutt komm ass, ass Folgendes:

Och wann de Médiateur laut Gesetz vum 22. August 2003 un d'Chamber attachéiert ass, an och finanziell vum Stat gedroe gëtt, kritt den Ombudsmann Instruktiounen vu kengem. D'Onofhängegkeet, mat där den Ombudsmann agéiere kann, ass sécher ee vu senger gréissten Atouten.

Dobäi kënnst dann nach, dass d'Reklamatiounen kënnen schrëftlech agerecht ginn. Virun allem gesäit d'Gesetz awer och vir, dass ee sech mëndlech un d'Sekretariat vum Ombudsmann kann adresséieren. Dat vereinfacht et ville Leit, direkt op d'Plaz ze goen an do eben eng mëndlech Deklaratioun ze maachen.

Wann den Ombudsmann eng Reklamatioun berechtigt fënnst, da vermëttelt hien tëscht dem Bierger an der betraffener Administratioun. Hie kann zwar keng Décisiounen huelen, Recommendatiounen därerf en awer un d'Adress vun de jeeweilige Services schécken. Sollten déiselwecht da keng Suite ginn, huet de Médiateur d'Méiglechkeet, seng Recommendatiounen ze publizéieren. Domadder verschafft e sech dann och Gehéier.

All dëst huet natierlech och, nieft der Personnalitéit vum Här Fischbach, zum virgenannte Succès bäigedroen. Et ass also ee ganz positiven Tableau, deen een hei iwwert den Ombudsmann, sâi Wierken an och seng Zukunft dreséiere kann.

Trotzdem muss ee feststellen, dass ganz besonnesch de Knoutermann nach eng Partie Doléancé formuléiert huet, ier seng Successorin hiert Amt ugetrueden ass. Den Här Bauler ass virdrun och zum Deel drop agaangen.

Anescht wéi a verschidde vun eisen Nopeschlänner, gëtt den Ombudsmann als Institutioun net an der Constitutioun ernimmt.

Huele mer zum Beispill d'Beispill vu Frankräich. Do gouf duerch e constitutionnellt Gesetz vum 23. Juli 2008 den Défenseur des droits an d'Verfassung opgehol. Et stellt sech d'Fro: Firwat maache mir dat net?

Mir hunn dacks Tendenz eis am Ausland ze inspiréieren, wann et dann drëms geet, eisen Arsenal législatif, an dësem Fall constitutionnell opzopoléieren, aus méi oder manner gudde Grënn.

Et bleift also d'Fro: Musse mir eise franséischen Noper kopéieren? Wat ass d'Plus-value? Ass et well den Ombudsmann bis haut eng bemierkbar Aarbecht geleescht huet, dass mir him eng Plaz an der Constitutioun musse ginn?

Et kann een éischstens emol formell Bedenken äusseren: Wéi de Statsrot dëst schonn an enger Rei Kéiere monéiert huet, féiert de Rhythmus vun de constitutionnellen Ännerungen onweigerlech zu enger Banalisatioun vun dësem Grondgesetz.

Wa mir elo de Fong vun dëser Institutioun, dem Défenseur des droits a Frankräich mat eise Médiateur hei vergläichen, da mussen mer och feststellen, dass d'Prérogative respektiv d'Kompetenze vum Défenseur des droits wäit iwwert déi vum Ombudsmann hei zu Lëtzebuerg erausginn. Den Défenseur des droits huet net nëmmen d'Missioun, d'Bierger a senger Relatioun mat den Administratiounen ze verteidigen, mä en huet notament och d'Aufgab, zum Beispill d'Rechter vun de Kanner ze protégéieren. En plus kämpft en direkt an indirekt géint d'Diskriminatioun. E vereenegt also op engem Kapp Kompetenzen, déi zu Lëtzebuerg vu verschiddenen Institutiounen gedroe ginn. Ech zitieren do zum Beispill den Ombudscomitée fir d'Rechter vum Kand.

Musse mir déi dann och elo an d'Constitutioun aschreien? Oder mussen mer fir d'Éischt eng Super-Institutioun kréiere wéi a Frankräich - woubäi een do wësse muss, dass déi och do kritesch beäugt ginn ass?

Bis elo hunn déi Gremien an hirem jeeweilige Kompetenzberäich ganz gutt fonctionnéiert an d'Constitutioun soll, an eisen Aen, keen Texte fourre-tout sinn, mä eist Grondgesetz bleiwen.

Et kann een dës Problematik och ganz anescht ugoen a sech d'Fro stellen, ob mir d'Recht op d'Médiatioun net sollten an d'Verfassung ophuelen, fir definitiv d'Recht vum Bierger, sech d'Käschte vu laangwierige Prozesser ze spueren, do ze verankeren.

Do muss ee feststellen, dass d'Recht op d'Médiatioun an der Constitutioun vu kengem aneren europäesche Land steet. Et soll een awer net vergiessen, dass den Artikel 20 vum Traité iwwert de Fonctionnement vun der Europäescher Unioun d'Recht fir all Bierger virgesäit, de Médiateur ze saiséieren. Esou steet et och am Artikel 24 vun deem selwechten Traité.



Et gëllt awer ze analyséieren, wat sech an deem Fall dorausser fir d'Pflichte fir de Stat am Allgemengen ergëtt. Da misst de Stat also an Zukunft constitutionnell garantéieren, dass a sämtleche Beräicher net nëmmen e Recours virun engem Geriicht méiglech ass, mä och den Accès op eng Médiatioun muss gi sinn. Dofir ass et also verfréit sech derfir respektiv do dergéint auszuschwätzen.

Laut aktueller Gesetzeslag sinn d'Missiounen vum Médiateur organesch definéiert; wëllt heeschen, soubal Administratiounen, Gemengen, Établissements publics sech eventuell eppes zoukomme gelooss hunn, kann eng Reklamatioun beim Médiateur agereecht ginn.

D'Relatiounen tëscht enger Administratioun an hirem Personal falen awer elo net an de Kompetenzberäich vum Ombudsmann. Notamment fir ze verënnern, dass de Médiateur an disziplinaresch an hierarchesch Pouvoire vun der Administratioun kann intervenéieren.

Den Ombudsmann kann och net a lafend gerichtlich Verfahren agräifen.

Et muss een awer feststellen, dass dem Médiateur säi Kompetenzberäich an de leschte Jore gewuess ass. Esou ass e mëttlerweil chargéiert, d'extern Kontroll vun de geschlossenen Anstalten ze iwwerhuelen an en huet och de Statut vun enger nationaler onofhängeger Instanz fir d'Rechter vun den handicapéierte Persounen.

Obwuel also den Ombudsmann schonn e gewëssene Poids an e breede Spektrum vu Beräicher ofdeckt, sinn och eng Rei Inkohärenzen net ausbliwven. Am Beräich vum Transport, den Här Bauler ass virdrun drop agaangen, kann een zum Beispill da bei städtesche Bussen am Fall vun engem Mëssel intervenéieren. Bei Privatentreprene, déi awer Linnen assuréieren, kann een dat net.

D'Beispill vum Gesondheitssektor ass nach eventuell eent, wat méi opfälleg ass. Do gëtt d'Zopp effektiv mat zwee verschidde Läftele gekacht: E Patient aus dem Centre ka beim Médiateur reklaméieren, een aus dem Kierchbiereger Spidol net.

Et muss ee sech also ganz seriö d'Fro stellen, ob do net misst nogeholle ginn. Ass de Gesondheitssektor an deem Fall kee Ganz? kéint hei eng iwwergreifend Méiglechheet vun der Médiatioun kontestéiert ginn? Bleift also d'Fro: Wéi ee Kritär oder Kritäre sollten zréckbehale ginn, fir esou Inkohärenzen an Zukunft ze vermeiden?

Ee Schlësselwuert an där ganzer Diskussioun ass sécher och de Service. Et wier deemno wichteg ze definéieren, wéi eng Aktivitéite fir d'Allgemengheet verricht ginn. Et steet ausser Fro, dass sämtlech Administratiounen, sief et um kommunalen oder um staatlechen Niveau, e Service d'intérêt général um Bierger verrichten.

De Gestionnaire vun engem Stroum- a Gasréseau agéiert och am Interesse vun der Allgemengheet. Wann dës Réseauen net fonctionnéieren, ka kee Stroum a Gas geliiwert ginn. Fir dem Médiateur hei Kompetenzen zougeestoe wier méiglech, mä dës Missioun erfëllt haut den Institut de Régulation Luxembourgeois, den IRL.

Des Weidere stellt sech eng aner Fro, vu dass eng Rei vun deene betraffene Professionen zum Deel eng Mission de service public erfëllen: Wier et net méiglech ze préiwien, awiefern de Médiateur hei kéint intervenéieren? Et wier einfach ze soen, dass et géif duergoen, dem Médiateur souzeosen eng Kontrollfonction a sämtleche Beräicher zoukommen ze loosse, wou eng Institutioun eng Mission de service public verricht, wéi d'Fransouse géife soen.

An do schlësst sech dann erëm de Krees. Elo si mer erëm bei der franséischer Gesetzgebung. Am franséische Gesetz iwwert den Défenseur des droits vun 2011 steet, dass dës Institutioun dem Bierger seng Interessen och géint Organismes chargés d'une mission de service public vertritt. Mä dës Begrëff vum Service public ass zu Lëtzebuerg néierens definéiert. Et gëtt keng gesetzlech Definitiou vun der Notiou. Et ass also einfach gesot: „Kommt, mir maachen e Copy-paste an transposéieren dat Ganzt an eis lëtzebuergesch Gesetzestext.“ Domadder ass et awer net gemaach! Kleng Pléischtereie bréngen eis hei net virun. Ajustementer ënnerhuelen, fir se herno erëm a Fro ze stellen, domat ass kengem gedéngt a mer maache kengem e Gefalen.

Duerfir appelléiere mer haut, wéi mer dat och an der Chamberskommissioun festgehalten hunn, eis fir d'Éischt ze vergewësseren, wou mer histéieren, wéi eng Beräicher vläicht schonn ofgedeckt ginn a wou eng Extensioun néideg wier an esou weider.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nach vläicht ee Wuert iwwert d'Recommandatiounen vum Médiateur fir e Kontrollorgan bei de Be-

ruffskummeren an de liberale Beruffer. Hei schwätzt sech den Ombudsmann fir en eenheetlech Kontrollorgan fir sämtlech Ordres professionnels a liberal Beruffer aus. Et géif drëms goen, net de Fong vun enger Affär nei ze préiwien, mä d'Prozeduren, wéi d'Plainten traitéiert ginn an esou weider. Et géif drëms goen, fir de Leit dobausse Vertrauen an d'Auto-reguléierung vun de betraffene Professionen ze ginn.

Souwuel déi concernéiert Beruffer wéi och d'Cour supérieur de Justice an de Statsanwalt si géint e Kontrollorgan. Eng Alternativ derzou géif doranner bestoen, d'Gesetzer vun den ugeschwate Professionen eng kéier op de Leescht ze huelen a se ze harmoniséieren. An deem Fall besténg a besteet weider de Risiko, dass de Particularitéite vun deene jeeweilege Beruffer net Rechnung gedroe gëtt. Déi Diskussiounen gouf et schonn am Kader vun der AUSAARBECHTUNG vum Gesetz vum 16. Dezember 2011 iwwert d'Ausübung vum Affekoteberuff ënnert der Form vun enger juristescher Persoun. An do hate mer dat jo schonn ausgeschloss.

D'Fro ass awer: kéint een net eventuell higoen an e puer Prinzipien ausschaffen, déi et ze respektéiere gëllt, wann et zu enger Plainte kënnt, notamment och wat d'Behandlung vun därselwechter ugeet, wéi de Plaignant um Lafegehale gëtt an a wat fir engem Zäitraum d'Plainte soll traitéiert ginn a wéi d'Resultat der betraffener Persoun sollt matgedeelt ginn?

Dir héiert, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, et ass nach e bëssen Handlungsbedarf, och Diskussionsbedarf. Fir mäin Deel soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci, Här Eischen. Als nächste Riedner ass den Här Angel ageschriwwen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Numm vun der LSAP wëll ech gläich am Ufank natierlech och eisem Rapporteur, dem André Bauler, fir säin exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport Merci soen.

An der Sitzung vum 4. Januar 2012, wéi mer iwwert d'Organisatioun vun onsen Aarbechten an der Petitiounskommissioun geschwat hunn, wéi mer dem Marc Fischbach säin aachten a leschte Rapport behandle wäerten, hu mer unanime decidéiert, hei an deem Rapport, deen den Här Bauler virgestallt huet, e Rapport ze maachen iwwert dem Marc Fischbach seng aachtjäreg Amtszeit. Mir hunn also beschloss, ze evaluéieren an ze apprécieieren, ob d'Aarbecht vum Médiateur Fischbach am Geescht vum Gesetz vum 22. August 2003 war.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wien dem André Bauler säi Rapport opmierksam gelies huet a wien dem André Bauler opmierksam nogelauschert huet, dee muss feststellen, dass déi Evaluatioun an déi Appréciatioun vum Marc Fischbach senger Aarbecht an net nëmmen Aarbecht, mä och sengem Engagement äusserst positiv ausgefall sinn.

Duerfir erlaben ech mer och, am Numm vun der LSAP-Fraktioun him e grouse Merci an och eng grouss Unerkennung auszudrécken. Perséinlech muss ech soen, dass et ëmmer immens flott war a besonnesch och interessant war, wann de Marc Fischbach hei am Plenum säi Rapport virgestallt huet a virun allem déi sëlleg Réuniounen an der Petitiounskommissioun, wou de Médiateur bei eis komm ass a wou mer iwwer säi Rapport geschwat hunn.

Ech mengen, d'Zesummenaarbecht tëscht der Chamber iwwert d'Petitiounskommissioun mam Médiateur ass an deene leschte Jore gutt optimiséiert ginn, an dat och Dank dem President vun der Petitiounskommissioun, dem Camille Gira, deem ech hei wëll Merci soen, an natierlech och der Sekretärin vun der Kommission, dem Anne Tescher. An ech mengen, déi gutt Zesummenaarbecht ass enorm wichteg, a mir hu gesinn, dass déi gutt Zesummenaarbecht och mat där neier Médiature, der Madame Lydie Err, esou weidergeet, well mir haten eng Fro an der Petitiounskommissioun, op déi ech herno zréckkommen, mir hunn d'Madame Err an d'Kommissioun gebieden a si ass direkt komm mat gudden Iddien. Duerfir sinn ech der Meinung, dass mer mat der Madame Err genauso gutt schaffe wäerte wéi mam Marc Fischbach.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här President, Léif Kolleginnen a Kolleegen, erlaabt mer, e puer allgemeng Remarquen iwwert de Rapport vum Här Fischbach ze maachen. Ech wollt dann nach op zwou Recommendatiounen agoen. A vu dass ech gesinn, dass de Gesondheitsminister hei ass, wollt ech deem herno nach zwou konkret Froe stellen.

Zum éischte Punkt, déi allgemeng Remarquen. De Médiateur Fischbach huet eis jo och eng ganz Rëtsch Statistike presentéiert. An ech fannen, bei engem Total vun 1.086 Reklamatiounen tëscht dem 1. Oktober 2010 an dem 30. September 2011, do sinn 804 Dossiere clôturéiert. Nëmme bei 31 dovun war e Refus, fir se ze examinéieren. 282 sinn nach en cours. Ech fannen, dat sinn exzellent Zuelen.

Ech hunn och eng aner Zuel interessant fonnt. De Marc Fischbach huet eis gesot, dass a 40% vun de Fäll d'Verwaltungen agelenkt hunn. Et ass och menger Meinung no wichteg ze erënnern, dass de Médiateur eis ëmmer erëm engersäits op d'Verantwortung vun de Verwaltungen hiweist, awer anerersäits och seet, dass mer méi Verantwortung an der Gesellschaft brauchen. Fir d'LSAP-Fraktioun ass et also wichteg, dass d'Relatiounen tëscht Verwaltung a Bierger transparent an objektiv sinn. A mir schlëssen eis och deem Appel vum Marc Fischbach un.

D'Décisiounen mussen also kloer an adequat motivéiert ginn. Besonnesch an Entscheidungsprozeduren oder Refusé sinn Transparenz an Objektivitéit verlaangt. Et muss ee virun allem, du moins de Leit plausibel maachen oder plausibel erklären, firwat se net Recht kritt hunn. An et ass och d'Aart a Weis, wéi een eng negativ Noriicht iwwerbréngt. Wann een déi esou bréngt, dass d'Leit se verstinn, dann huet ee scho vill geschafft.

Ech wollt nach eng ganz wichteg Recommendation, déi de Marc Fischbach an deenen aacht Joer gemaach huet, opgräifen. Dat ass dee vum Conseil national de la magistrature. Dat ass, mengen ech, eng ganz wichteg Saach fir eis. Mir hätte léiwer, mir géifen deen „Conseil national de la justice“ nennen, well d'Justice ass net nëmmen eng Fro, déi Riichter an Affekoten interesséiert, mä et ass eng Geschicht, déi all Mënsch, also all Justiciabel interesséiert. An ech mengen, dat ass eng Recommendation, un där mer solle weiderschaffen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Mir hunn eis an der Kommissioun, a meng Virriedner hunn et gesot, och mam Thema vun der Erweiterung vum Champ de compétences vum Médiateur ofginn. Den André Bauler huet jo genau déi Beispiller erkläert am Gesondheitssektor, wann een an enger Klinik ass, enger staatlecher Klinik oder an enger aner, déi awer vum Stat subventionéiert gëtt an déi och eng Mission de service public huet, well se an den Dëngschter matmécht an esou weider. Oder d'Beispill vun der Maison relais. Den Här Bauler huet och nach d'Beispill vun de Busse ginn, ob een an engem städtesche Bus, dee vun der Stad ofhänkt, oder an engem private fiert. Ech mengen, do ass et wichteg, dass mer där Fro nach eng kéier noginn.

Den André Bauler huet och eppes ganz Wichteg gesot. En huet gesot, dass d'Natur vun der Prestatioun ausschlaggebend ass an net d'Natur vum Prestataire. Ech wollt soen, dass et hei ëm Gläichbehandlung geet. Nach eng kéier, e Patient, deen zum Beispill am Centre hospitalier e Problem huet, dee ka sech herno un de Médiateur wenen. Deen am Centre hospitalier vum Kierchbiereger ka sech net mellen. Och wann déi Klinik en eegene Médiateur huet, da muss een net vergiessen, dass dee Médiateur dann ugestallt ass vun där Klinik an dass dat de Patron ass. An duerfir, fannen ech, ass et wichteg, dass all Patient gläichbehandelt gëtt a bei de Médiateur ka kommen, deen onofhängege Médiateur, dee mir hei hunn, deen den Här Fischbach war an deen elo d'Madame Err ass.

Also mir mussen eis, fannen ech, mat där Notion vum Service public ofginn. Mir sinn der Meinung, a mir haten dat och ganz kloer schrëftlech ausgedréckt als LSAP, dass mer soen, dass mer den Artikel 1 vum Gesetz vum 22. August 2003 iwwert d'Asetze vun engem Médiateur sollen ausweiten op d'Prestataires de service public. An ech mengen, hei muss een och dann oppassen, fir dass een dee Contenu vun där Notioung prezis cernéiert.

Mä nach eng kéier, wat fir eis wichteg ass, dat ass d'Gläichbehandlung tëscht de Leit, ob se wéi gesot an där enger Klinik sinn oder an där aner, oder d'Beispiller vun de Maisons relais, wéi se virdrun ugeschwat gi sinn. Ech wëll mech hei net weider an Detailer verléieren, well ech mengen, den André Bauler huet se schrëftlech a mëndlech ganz gutt erkläert.

Wat d'Aschreiw vum der Institutioun Médiateur an d'Verfassung ugeet, do ass d'Positioun vun der LSAP déi folgend - a mir haten dat och schrëftlech an d'Kommissioun eraginn: Mir sinn der Meinung, dass d'Aschreiw vum Médiateur an d'Constitutioun sech net imposéiert. Alldéngs opposéiere mer eis och net engem Réexamen vun där Fro am Kader vun där allgemenger Revisioun vun der Constitutioun, an

notamment kënnt jo do nach den Avis vum Conseil d'État. Wann deen dat opwerft, kann een dat nach eng kéier rediskutéieren.

► **Une voix.** - Deen ass do!

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Deen ass do. Wa mer deen analyséieren, kënne mer dat nach eng kéier rediskutéieren. An ech mengen, den André Bauler huet genau erkläert, wéi eng Verfassung mer wëilten, wat d'Institutionskommissioun do gesot huet. Mä ech wollt un eis Positioun och nach eng kéier hei erënnern a soen, dass mer do op enger Linn sinn.

Da kuerz zu deenen zwou Recommendatiounen, d'Nummere 44 a 45. Dat waren déi zwou eenzeg Recommendatiounen am Rapport vun 2011. D'Recommandatioun 44 ass déi „relative au délai de prescription extinctive de droit commun“. Bei dëser Recommendation befanne mer eis also an der Matière civile. D'Regierung an d'Chamber - fannen ech - solle sech dës Recommendation zu Häerz huelen.

Ech wollt hei just erwähnen, dass a Frankräich d'Prescription en matière civile enger déif gräifender Reform ënnerzu ginn ass duerch d'Gesetz vum 17. Juni 2008. An ech mengen, et wär och interessant, wa mer eis dat elo grad genannt franséisch Gesetz am Detail kéinten ukucken.

Mir vun der LSAP sinn awer och der Meinung, dass eng Reform iwwert d'Prescription net dierf limitéiert ginn op d'Prescription en matière civile. An engem rezente ganz interessante Rapport vum franséische Senat mam Titel „Pour un droit de la prescription moderne et cohérent“ gi getrennt engersäits d'Prescription en matière civile an anerersäits d'Prescription en matière pénale analyséiert an och kommentéiert. An zu dëser Thematik stinn an deem Rapport 17 interessant Recommendationen an ech erlabe mer, eng, zwou hei ze zitieren.

Eng vun deene 17 Recommendationen ass, dass zum Beispill d'Prescription bei Crimes sexuels géint Kanner, déi a Frankräich op 20 Joer eropgehuewe ginn ass, um Dag wou d'Victime groussjäreg ass, dass dës Prescription soll laut Rapport nach eng kéier diskutéiert ginn.

Eng aner Recommendation aus deem Rapport ass och, dass de Recours à la médiation misst eng Ursaach si fir eng Suspension vun der Prescription extinctive. An ech mengen, dat ass och ganz interessant.

Duerfir, fannen ech, sollen déi zoustänneg Kommissiounen vläicht eng kéier dee Rapport vum Senat ukucken, dee wierklech interessant ass, well mir hei zu Lëtzebuerg och eng kohärent Approche brauche fir d'Regele vun der Dauer vun der Prescription, fir dass mer se an Aklang brénge mat onser moderner Gesellschaft.

(M. Laurent Mosar reprend la présidence.)

D'Recommandatioun 45, dat ass déi, iwwert déi meng Virriedner och scho vill geschwat hunn, iwwert d'Institution d'un organe de surveillance auprès des ordres professionnels et d'autres professions libérales. Ech mengen, do war d'Reaktioun vun deene verschidde Ordenen..., do deelen ech am Fong d'Meenung vum Marc Fischbach, wéi en an der Kommissioun war, wou en eis gesot huet, dass e mengt, déi Recommendation wär falsch verstanen gi vu villen. An hien huet ënnerstrach, an ech mengen, dat ass wichteg ze ënnersträichen, dass et ëm d'Form geet, wéi d'Problemer vum Bierger do behandelt ginn, an dass et guer net ëm de Fong geet. An ech mengen, do war e kleng Malentendu.

Duerfir sinn ech och frou - mir hate jo do an der Kommissioun vill driwwer geschwat, den André Bauler huet dat alles erkläert -, dass sech dräi Solutiounen dégageiert haten aus deenen Diskussiounen an aus deene villen Avisen, déi mer kritt hunn. Ech kann lech déi dräi Solutiounen erspueren. De Rapporteur hat doriwwer geschwat a mir hunn dat jo och schrëftlech an der Petitiounskommissioun ofginn.

Mä, wat ech interessant fonnt hunn, ass, dass mer do an deem Kontext d'Lydie Err an d'Kommissioun invitéiert hunn, wéi ech virdu gesot hunn, a si ass jo och direkt komm. D'Madame Err ass jo um Terrain mat deenen Ordenen am Dialog an an der Diskussioun. An ech fannen déi Iddi ganz gutt, fir fir d'Éischt emol eng Médiation interne bei all deene Berufskategorien ze maachen, dass si sollen hir Memberen aus hiren Ordre forméieren an der Médiation an dass déi éischt Etapp vun där Médiation interprofessionnelle ganz wichteg ass. An ech ka mech erënnern, dass d'Madame Err dunne och gesot huet, wann déi gutt fonctionnéiert, da



kommen nach ganz wéineg Fäll herno weider bei de Médiateur.

Ech mengen, dat ass eng Fro, un där mer an Zukunft nach wäerte schaffen. Ech wënschen der Madame Médiateurs do nach vill Erfolleg an dass mer ganz schnell do zu Konklusiounen kommen.

Da wollt ech nach zwou konkret Froen un de Gesondheitsminister stellen. De Rapport vum Médiateur beschäftegt sech jo och mat den Obligationen a mat de Rechter vun de Patienten. Do geet och Rieds vun engem Projet de loi, deem iergendwann eng Kéier soll kommen an et gëtt sech e bësse beklot, dass dat laang dauert.

Do wollt ech lech froen, Här Minister: Sidd Der do virukomm a wéini kann dee Projet eventuell déposiert ginn?

An dann eng zweet Fro, déi den André Bauler och ugeschwat hat, dat ass déi berühmt Geschicht vum Reclassement interne an externe, iwwert dee mer jo och an deene Rapporten déi Jore virduen a besonnesch an den Diskussiounen déi Jore virdu vill geschwat hunn a wou mer jo vill Hin an Hier haben an der Kommission tëschent Médiateur a Ministère.

Duerfir wollt ech froen, Här Minister, wou Der mam Avant-projet de loi iwwert d'Reform vun der Législation sur la réinsertion professionnelle dru sidd, déi Der jo zesumme mam Aarbechtsminister sollt maachen? A wat kënnt Der eis do soen zum Problem - den André Bauler huet en opgeworf - vum Recours, wann eng Décisioun vun der Médecine du travail kënnt?

Ganz zum Schluss, wéi ech dem Félix Eischen nogelauschert hunn, hunn ech mech un eppes erënnert. De Félix Eischen huet vum Défenseur des droits des citoyens a Frankräich geschwat, dass deen och nach aner Missiounen huet, wat d'Kannerrechter ubelaangt, Diskriminationen an esou weider an esou fort. Ech mengen, mir hunn eben en anert Gesetz. Eise Médiateur ass fir vill Saachen zoustänneg. Do derniewent hu mer jo awer nach den Ombudscomité fir d'Rechter vun de Kanner. Mir hunn de CET, de Centre pour l'égalité de traitement, a mir hunn d'Commission consultative des droits de l'Homme.

An ech erënnere drun, an engem État de la nation huet de Statsminister eng Kéier gesot, mir bräichten hei eng Maison des droits de l'Homme. En huet déi Iddi iwwerholl vun deenen Organisatiounen. Ech wollt d'Regierung dorun erënnere. Ech mengen, dat wär wichteg, wa mer eng Maison des droits de l'Homme hätten, wou dann och de Médiateur mat kéint integréiert ginn an déi op enger flotter Plaz ass mat Pignon sur rue, accessibel fir d'Biergerinnen an d'Bierger. Ech wollt dat nach hei zum Schluss eng Kéier ënnersträichen.

Dat gesot nach eng Kéier all deenen, déi geschafft hunn, dem André Bauler, dem Médiateur Marc Fischbach, der Madame Tescher, dem President vun der Kommission villmools Merci, an ech freeë mech schonn op deen éischte Rapport vun der Madame Err, wa si elo ee Joer am Amt ass.

Villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Angel. Als nächste Riedner ass den Här Camille Gira agedroen. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Zuele soen net alles a mat Statistike soll ee bekanntlech versichteg ëmgoen. Mä déi Zuelen a Statistiken am Rapport vum Kolleeg André Bauler sinn awer impressionnant. Ech wollt och direkt am Ufank dem André Bauler villmools Merci soe fir säin exzellente Rapport, souwuel dee schrëftleche wéi dee mëndlechen. Ech mengen, en huet do ganz gutt dat zrëckginn, wat mer och an der Petitionskommission an a ville Sitzungen diskutéiert hunn. En ass och méi wéi ausféierlech op déi Haapt Sujeten agaangen, sou dass ech mech - well déi gréng sech och total an deem Rapport erëmfannen - relativ kuerz kann halen.

Impressionnant, Här President, sinn déi Zuelen effektiv iwwert de Bilan vun aacht Joer Aktivitéit vum Marc Fischbach. Wann Dausende Leit an deene Jore sech op déi eng oder aner Aart a Weis un de Médiateur a seng Servicer gewannt hunn, dann ënnermauert dat ganz kloer an däitlech de Besoin, deen eigentlech do war an der Lëtzebuurger Gesellschaft fir esou eng Institution, an dass dann awer an deem Land vun de kuerze Weeër d'Weeër fir déi eng dann anscheinend awer e bësse méi laang si wéi fir déi aner.

Et huet net jiddwereen een, dee vläicht urift bei enger Bank, fir en zënsgëschtege Prêt zum Beispill ze kréien, da muss ee vläicht aner Weeër fanne fir zu senger Rechter ze kommen.

Wa 5.000 Dossieren intensiv vum Médiateur behandelt gi sinn, dann, mengen ech, muss ee soen, dass vun him a senger Leit eng ganz gutt Aarbecht gemaach ginn ass, well esou vill Staff huet e jo och erëm net em sech gehat, fir op all déi Dossieren anzegoen. A jiddwereen, mat deem ee schwätzt, deen eng Kéier bei de Médiateur a bei seng Leit war, confirméiert och, dass wirklech déi ganz Servicer op sinn a se méi wéi een oppent Ouer fir d'Intérète vun de Leit hunn.

A wa 45 Recommandatiounen an deene Jore vum Médiateur gemaach si ginn, da weist dat awer och, dass awer nach villes an deem Stat, an deene staatleche Verwaltungen ze verbesseren ass. Ech wëll awer an deem Kontext och drop hiweisen, dass, wann ech mech elo net ieren, keng Recommandatioun komm ass fir déi kommunal Servicer aus der Regierung.

Mä ech mengen net - ech wollt dat awer och emol eng Kéier hei erwähnen -, och wann d'Gemengen an deenen eenzelne Rapporte vum Médiateur sécherlech erwähnt si ginn, a bei Leiwien och do net ëmmer alles optimal funktionéiert an där enger oder anerer Gemeng, esou schéngt dat awer drop hinzediten, dass eis lokal Verwaltungen eigentlech net esou schlecht organiséiert sinn, och net esou schlecht opgestallt sinn a vläicht dann och heiansdo awer méi coulant op d'Besoinen vun de Leit reagéieren, wéi dat bei där enger oder anerer staatlecher Verwaltung de Fall ass.

Et ass och schonn hei vu menge Virriedner gesot ginn, dass villes vun deene 45 Recommandatiounen ëmgesat ginn ass. Ech mengen, et kann een och feststellen, dass sécherlech a priori déi Regierungen, déi concernéiert waren, positiv op déi Recommandatiounen reagéiert hunn. Eigentlech misst d'Regierung jo och dankbar sinn, wann do een ass, dee seet: „Hei lauschtert, Dir mengt, Dir wiert gutt opgestallt, Dir wiert gutt organiséiert. Anscheinend ass dat awer net esou. Ech kréie ganz vill Kloten.“

Et misst jo eigentlech all Minister a Ministesch frou sinn, wann een do Schützenhëllef vun där Säit kritt, fir dann eventuell och intern an der Regierung... oder wann et zum Beispill ëm méi Personal geet, fir dann och an den Diskussiounen mam Finanzminister kënnen ze soen: „Hei lauschtert, hei sinn esou vill Leit, déi elo scho während Jore soen, si kéimen emol iwwer Telefon net méi un d'Kannergeldskeess erun.“ Dann ass dat jo och eigentlech fir déi jeeeweileg Ministesch zum Beispill en Argument, fir ze soen, dass awer wirklech déi Leit, déi dann do solle bäikommen, net erfionnt sinn.

Et ass e bësse schued, dass an der Chamber hei nach ëmmer net erkannt ginn ass, dass eigentlech de Médiateur, och wann e seng Ofhängegkeet huet an och keen em wëllt dranschwatzen, awer eigentlech en Instrument vun der Chamber ass, wat mer méi oft kéinten asetzen. De Médiateur huet et selwer gesot, dass awer an de Kommissionen, och wann et ëm Recommandatiounen oder Reklamatiounen geet, e gewëssene Reflex vun de Majoritéitsdeputéierten do ass, sech emol a priori fir d'Éischt op d'Säit oder hannert oder fir dee jeeeweileg Minister ze stellen, an dass de Médiateur et dann heiansdo schwéier huet seng Argumenter zum Droen ze kréien.

Mir missten och vläicht als Chamber eng aner Attitüd kréien, an och dem Médiateur seng Virlag elo net gesi fir se dann ëmzesetze géint eng Regierung, géint e Minister, mä eigentlech am Intérêt vun de Bierger a Biergerinnen. An do misst och eigentlech insgesamt eng Majoritéit frou sinn, wa Virschléi kommen, an déi ëmsetzen. Well eigentlech kënnt dat jo ënnert dem Stréch och erëm deenen zegutt, déi de Moment d'Majoritéit an d'Verantwortung hunn. Well ech mengen net, dass et enger Ministesch gutt steet, wa Leit - fir bei deem Beispill ze bleiwen - an der Kannergeldskeess wochelaang telefonéieren an net un déi Keess kommen; wat heiansdo dramatesch Auswierkunge kann hunn.

An deem Siënn géif ech mer wirklech wënschen, dass mer net nëmmen an der Petitionskommission, wou ech dat Gefill hunn, dass mer des Öfters wirklech och probéieren an engem positive Geescht, och am Konsens eng Rei Virschléi, eng Rei Recommandatiounen ze huelen an ze probéieren, déi och esou séier wéi méiglech ëmzesetzen, awer heiansdo an de sektorielle Kommissionen een dat Gefill huet, dass do dann awer nach d'Parteidanken ze vill um Ordre du jour ass an dass mer duerfir vläicht ganz oft net séier genuch an och net intensiv genuch weiderkommen. Ech mengen, wann dat nach méi oft do wier, da kéinte mer vläicht och nach méi Succès opweisen, an déi kombinéiert Aktioun vum Médiateur an deenen eenzelne Chamberskommissionen géif da weiderkommen.

Ech wëll awer och vläicht drun erënnere, dass mer eis all déi Joren als Petitionskommission, mengen ech, ganz vill Zäit, och ganz vill Energie geholl hunn, fir dann op dat ze reagéieren, wat dann am Médiateur sengem Rapport ganz oft och den Haaptsubjekt war. Ech wëll elo net iwwert déi véier, fënnef Joer, wou mer d'Rapporten hei behandelt hunn, an den Detail agoen. Wat mer behandelt hu vläicht aus deem engen oder anere Joer...

► **M. le Président.**- Ech géif lech bieden dem Här Gira nozelauschteren.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech wëll net op all déi eenzel Punkten agoen, déi mer all déi Joren elo hei opgeworf hunn. Vlächte eenzelner erausgegraff.

Ech wëll zu deem, wat 2012 elo an de Konklusiounen och vum André Bauler steet, net méi an den Detail agoen. Ech wëll awer och nach eng Kéier hei ënnersträichen, dass déi gréng op jidde Fall ganz kloer an däitlech fir den Élargissement du champ de compétences vum Médiateur sinn. Och mir hunn an der Kommission ëmmer gesot: „Mir kënnen dat do elo net aus der Siicht vun dem Médiateur kucken oder enger Regierung. Mir müssen einfach d'Recht, d'Médiatioun ze kréien, aus der Siicht vum Konsument oder vum Utilisateur oder vun der Utilisatrice kucken.“

An dann ass et, et deet mer leed, Dir Dammen an Dir Hären, net ze vermëttelen, dass, wann ech e Problem um Kierchbiereg am Spidol hunn, net kann de Médiateur appelléieren, a wann ech awer am CHL leien an et ass eppes schifgelaf, da kann ech dat maachen.

Ech mengen, och wann de politesche Wellen do ass, et net esou schwierig ass, éischstens, eng Definition vum Service public ze maachen. A wa mer et an engem Kontabilitéitsgesetz fäerdegbrénge kloer an däitlech ze soen, wéi eng A.s.b.l. en da müssen eng Comptabilité selon les critères commerciaux féieren, dann, mengen ech, misst et och méiglech sinn, wann een de Kritär vun enger existenter Konventioun hält an et hält een och nach e Pourcentage, wéi wäit dann e gewëssene Service vun öffentleche Gelder subventionéiert ass, ech mengen, da misst et relativ séier machbar si sech do eens ze maachen an de Champ de compétences ze erweideren.

Aus dem Joer 2011, mengen ech, wollt ech awer och nach eng Kéier insistéieren, och vlächte un de Gesondheitsminister, wann dee schonn hei ass: Mir hunn awer an der Petitionskommission dat Gefill, dass déi Geschicht mam Reclassement interne nach ëmmer net zefriddestellend geléist ass. Ech géif mer wënschen, dass Der wirklech e Projet de loi op den Dësch leet, wou wirklech deene Leit, déi scho ganz oft an enger relativ dramatescher Situatioun sinn, hiert Schicksal net nach duerch onnéideg laang an onnéideg komplizéiert an och net novollzéibar Prozedure verschlémmert gëtt.

Da wollt ech och nach eng Kéier drun erënnere, dass mer eis 2011 laang mat enger Autosanction pour cause du non respect du délai beschäftegt hunn. Do hu mer, mengen ech, laang driwwer diskutéiert. Et sinn och eenzel Virschléi op den Dësch komm. Ech géif mengen, dass mer dat do als Petitionskommission, mä virun allem och als Chamber, awer nach eng Kéier erëm missten op de Leescht huelen. Do huet een net dat Gefill, dass sech d'Situatioun dobaussen um Terrain wesentlich verbessert.

An da wëll ech och nach vlächte drun erënnere, dass mer eis relativ intensiv an opgrond och vu konkrete Fäll, déi mer vum Médiateur gesot kritt haten, iwwert d'Conflicts d'intérêts um Niveau vun de Gemenge beschäftegt haten. A mir haten do ënner anerem de Virschlag gemaach als Petitionskommission, e Code de déontologie an d'Wee ze leeden.

Wann ech un déi rezent Diskussiounen hei am Haus iwwer en aneren Dossier diskutéieren, ech mengen, da stéing et eis gutt zu Gesiicht am Licht vu Léiweng/Wickeng net nëmmen iwwer e Code de déontologie nozedenke fir eis als Deputéierten oder als Ministeren. Mä wann ee weess, dass déi Konflikter, déi mer do an deem Dossier diskutéiert hunn, eigentlech all gudden Dag vlächte an engem méi klengen Mooss an och mat manner Geld, wat implizéiert ass, och um kommunale Plang stattfannen, a wann ee weess, dass an deenen nächsten zwéi Joer praktesch sämtlech Gemenge müssen de PAG revidéieren, dann, mengen ech, misste mer och déi Dossieren erëm eng Kéier op de Leescht huelen an eis intensiv dermat beschäftegen.

2010 hu mer d'Iddi vun der Pétition électronique opgegraff an no gewëssene Retizenzen, déi dann och hei ze spiere waren, an deem enge Camp e bësse méi wéi an deem aneren, sinn ech awer frou, dass mer eis no e puermol Hin an Hier an, mengen ech, ganz konstruktiven Diskussiounen, och an der Conférence des

Présidents, eigentlech, wann ech richtig verstane hunn, formal eens sinn, dass mer dat wëlle maachen an dass elo nach just déi prozedural Saachen ze erleedege sinn, Ausschreiwungen ze maachen, fir eng Software ze kréien.

Ech wëll einfach emol d'Beispill soen, mir hu jo elo nach net déi Pétition électronique publique, mä mir hu jo en éischte Schrëtt gemaach, dass d'Leit awer emol kënnen eng Pétition elektronesch erareeche. A mir si jo esou wäit gaang, dass eng Rubrik bäikomm ass um Site vun der Chamber, dass d'PVen och vun der Petitionskommission souwisou, mä och d'Courrieren, déi mat iwwer Pabeier agerechte Pétitiounen heihi kommen - an ech wëll d'Beispill vun der Fermeture vun der Maternité vu Wolz awer emol hei zitéieren, fir ze soen, dass eleng de Fait, dass de Courier, deen hin an hier geet tëschent de Pétitionnairen an eiser Kommission, respektiv aneren Acteuren -, déi derfir gesuergt huet, dass zum Beispill an deem Dossier eng ganz flott, muss ech ganz éierlech soen, eng sachlech - a wéi net gefaart ginn ass, direkt, wa mir géifen eppes op e Site setzen, d'Leit hätten eventuell d'Méiglechkeet e Forum ze maachen. Neen, do sinn Acteuren, déi sech spontan zu Wuert gemellt hunn, déi aus dem Secteur kommen, déi, mengen ech, absolut am Bild sinn, wat an deem Domän leeft, déi hu sech zu Wuert gemellt. A mir probéieren do Konklusiounen ze zéien.

Fir mech ass dat e ganz gutt Beispill a mech léisst dat hoffen, dass wann déi Pétition électronique publique eng Kéier wirklech fonctionéiert, dass mer et fäerdeg brénge als Chamber, well einfach mer e System an d'Welt wäerte setzen, wou d'Leit net kënnen ënnert dem Deckmantel vum Anonymat iwwer aneren hierfalen, weisen, dass een och modern Medie ka benotzen, fir konstruktiv Sträitkultur zu Lëtzebuerg ze exercéieren.

Voilà! Ech wollt domadder zum Schluss kommen, fir mat all deenen zur Konklusioun ze kommen, dass, mengen ech, de Marc Fischbach et fäerdeg bruecht huet eng nei Institution ganz séier an der Landschaft, an der politescher Landschaft zu Lëtzebuerg ze verankeren. Den Här Fischbach huet eng gutt Aarbecht gemaach. Ech sinn och iwwerzeegt, dass d'Madame Err eng gutt Aarbecht wäert maachen.

Wann d'Chamber och nach heiansdo e bësse Courage géif an de Grapp huelen, fir déi Steilpäss, déi mer do kréie vu lénks a vu riets, an deenen Zäite méi oft de Fouss dohin ze halen, fir dann och e Goal ze schéissen - net fir e Goal ze schéisse géint d'Regierung, mä e Goal ze schéisse fir d'Bierger an d'Biergerinnen an dem Land -, da si mer vlächte um Enn vun der Period vun der Madame Err nach e Stéck méi wäit, an dann ass déi Institution nach méi wäert wéi se et elo schonn ass.

Merci villmools.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Gira. An als leschte Riedner ass den Här Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Merci, Här President. D'ADR ass net Member vun der Petitionskommission, mä mir interesséieren ons awer ganz staark fir déi Sujeten, déi den Ombudsmann hei presentéiert wuert a sengem Rapport. Ech wëll och dem Rapporteur, dem Här Bauler Merci soen. Hien huet ons e ganz gudden, detaillierte mëndlechen a schrëftleche Bericht gemaach, deen engem d'Aarbecht och méi licht mécht.

Da wëll ech vun der Geleeënheet profitéieren fir dem Marc Fischbach och Merci ze soen, deen déi Fonctioun vum Ombudsmann jo richtig institutionaliséiert huet an zu deem gemaach huet, wat se haut ass. Ech mengen, do huet hien eppes ganz Guddes gemaach am Intérêt vum Bierger a vun onsem Land. An ech wënsche senger Successorin déiselwecht gutt Naupe. Well ee gesäit, datt dat ganz vill Aarbecht ass.

Wat de Rapport selwer ugeet, do wéilt ech op e puer Sujeten agoen. Deen een ass, ob den Ombudsmann soll an ons Verfassung kommen. Do sinn ech éischer der Meinung, zimlech skeptesch doriwwer, datt et gutt wier, fir eenzel Institutionen, déi der Chamber oder soss engem bis elo oder der Regierung ënnerstinn, fir elo déi alleguerten an d'Verfassung mat eranzesetzen.

Dann ass eng Diskussioun opkomm iwwert d'Organes de surveillance vun de fräie Beruffer. Do muss ech soen, datt et effektiv e puer Saache gëtt, déi och elo nach net klappen. Ech ginn e Beispill: Wann de Conseil de l'Ordre eng Plainte kritt, well een Affekot 600% méi gefrot huet wéi säin Adversaire an darselwechter Affär, dann dauert dat ee Joer, zwéi Joer, vlächte souguer heiansdo nach méi, bis eng Antwort kënnt. Mä an der Tëschenzäit sinn d'Suen awer blockéiert um Kont.



An do ass et also wichteg (veuillez insérer: datt eppes geännert gëtt), wann ee wëllt heiansdo esou e klengen Ausrutscher (veuillez insérer: éviter), et ass net oft esou de Fall, mä wann et passéiert, dann ass et awer grave. An d'Leit hésitéieren dann och, fir Reklamatiounen weider ze maachen, well se sech soen: Majo, elo kann dat mer op d'Nues falen. Oder si verstinn net, wéi se sollen agéieren. Duerfir, mengen ech, wier et gutt, wann ee kéint méi op eenheetlech Prozeduren agoen a wou Délaien dra sinn, an deenen de Bierger muss eng Äntwert op déi eng oder déi aner Fro kréien.

Da schéngt ons och wichteg, datt mer déi Problematik vun den handicapéierte Kanner besser an de Grëff kréien. Mir gesinn elo, datt eng etlech Institutiounen dofir zoustänneg sinn, datt et och verschidde Reklamatiounen ginn. An da wëssen d'Leit net, ob se do solle reklaméieren oder do. Duerfir wier et schonns emol gutt, wann den Ombudsmann selwer - d'Ombudsframisst een en fait elo schonns soen - och kéint Kompetenz kréien, fir alleguerten déi Reklamatiounen do ze koordinéieren, datt do kéint och eng Kompetenz mat bäikommen, respektiv datt ee bei der Regierung géif eng Reklamatiounsstell och virgesinn, fir déi Froen do alleguerten op enger Plaz ze konzentrieren, an net an enger hallwer Dose Ministèren.

Dann eng Problematik, zwou Problematiken, déi ganz oft diskutéiert ginn a schonns laang. Dat eent ass déi vun de Saisiën. Mir hunn e Gesetzesprojet 4955, eleng d'Nummer weist schonn aus, datt e schonn zimlech laang am Gespréich ass, an do ass en Avis vum Conseil d'État vun 2010 komm an d'Regierung huet sech engagéiert nach, fir verschidde Amendementen virzehuelen. Mä d'Situatioun ass awer elo dramatesch. Do muss eppes elo geschéien! Woufir? Well et gesäit een, datt een, dee schafft an deen eng Famill huet, deen huet elo manner Suen iwwreg, wéi wann en um RMG wier, well dee ka jo net saisiéiert ginn. An do ass eppes, wat net an der Rei ass a wou ganz vill Ongerechtgeekte geschéien, onser Meenung no.

Duerfir hat ech dat jo och an enger Proposition de loi schonns emol eng kéier proposéiert. Dat ass, datt d'Saisiën, dee Montant, deen immuniséiert soll sinn, soll d'Leit incitéieren, fir nach ze schaffen. Dat heescht, e misst iwwert dem Montant vum RMG sinn. Ech mengen, datt ass de Prinzip, dee mir als richtig ugesinn. Well et kann net esou sinn, datt deen, dee schafft, herno en Nodeel huet vis-à-vis vun deem, deen den RMG kritt.

Dann, wat d'Verjährungsfristen ugeet, do ass hei am Rapport ugeklongen, wéi wann een do sollt éischter op eng Verjährungsfrist eenheetlech vun zéng Joer goen. Ech hunn do awer meng Bedenken. Woufir? Well d'Verjährungsfriste bei de Steiere si fénnef Joer respektiv zéng Joer, ënner verschidde Konditiounen. Am Dossier, am Pénal gesinn ech schlecht, datt mer alles géifen op zéng Joer erofsetzen. Bref, et muss een hei déi Saache vläicht nach eng kéier nei diskutéieren. Et muss ee kucken, wat d'Konditiounen sinn, wou eng Interruption vun der Prescription ka passéieren.

A mengen Ae misst dat iergendwéi an engem eenheetleche Gesetz virgesi ginn, wat déi administrativ Saachen ugeet. Do hu mer nach e bësselchen Duerchenaner. Dat ass effektiv mat Recht. Et kann net esou sinn, datt e Fonds du Logement Joren duerno op eng kéier iergendwéi en lertum entdeckt an datt d'Leit dann herno keng Piëcen hunn. Ech mengen, do schéngt mer eppes ze sinn, datt ass, esou laang wéi de Bierger muss privat Extraits de compte halen oder eng Gesellschaft muss privat Extraits de compte halen, esou laang soll och d'Verjährungsfrist sinn. A wann dat eriwuer ass, dann hat de Stat oder d'Administratioun, déi concernéiert ass, dann hat déi ebe Pech. Dat sinn ablécklech fénnef Joer, a verschidde Fäll zéng Joer. Mä et kann een de Leit net soen, datt se onbedéngt mussen all Extraits de compte oder all Facture, oder wat se soss kritt hunn, während zéng oder 15 Joer laang halen. Ech mengen, dat ass net de Fall elo schonn an da soll et fir Aktiounen vun den Administratiounen och gellen.

Dat gesot, nach eng kéier, ass déi Aktivitéit vum Ombudsmann eng wichteg. A mir si frou och, datt mer déi Institutioun nach weider kënnen ausbauen an datt se mat der neier Responsabeler natierlech och wäert eng gutt Aarbecht leeschten.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Henckes. An elo kritt d'Regierung d'Wuert. Wier? Den Här Justizminister, den Här Gesondheitsminister, den Här Wirtschaftsminister, wie wëllt? Den Här Gesondheitsminister.

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Duerno de Justizminister. Ech ginn op dat an, op wat den Här Di Bartolomeo net ageet. Majo, duerfir loossen ech hien emol vir.

► **M. le Président.**- D'Regierung huet 20 Minutten in globo, Här Gesondheitsminister.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Villmools Merci.

(Interruption)

Ech wäert ganz disziplinéiert sinn, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt mengen ech am Numm vun der Regierung kënnen dem Médiateur, der Médiatrice, der Médiateure, der Madame Médiateure Merci ze soe fir déi gutt Zesummenaarbecht, déi mer mat deene successiven Ombudsmänner a -fraen haten. Et ass eng Beräicherung och fir d'Regierung. Och wann heiansdo déi Diskussiounen, déi mer mam Médiateur oder mat der Madame Médiateure hunn, e bësse méi komplex a komplizéiert sinn.

Ech wollt just op zwee Punkten agoen, déi souwuel vum Rapporteur wéi och vun anere Kollegen, ënner anerem dem Marc Angel an dem Camille Gira, opgeworf gi sinn, datt ass de Beräich Médiation an der Santé, d'Patientenrechter insgesamt. Ech kann lech soen, dass mer nach virun der Vakanz de Projet iwwer e modernt Patientenrecht wäerten an de Regierungsrat huelen an an deem Projet ass och en nationale Service de médiation virgesinn, deen net nëmme fir d'Spideeler, mä fir sämtlech Professionnels de santé wäert gellen an deen eng Ulafstell wäert si fir all Leit, déi net méi am Beräich vun der Santé matenee kënnen schwätzen an déi mer wëllen zesummebréngen. An, wéi gesot, de Projet wäert virun der Vakanz an de Conseil goen.

Selbstverständlech wäert dee Service och, sougutt wéi dat nëmme iergendwéi méiglech ass, mam Médiateur zesummeschaffen. Do kann ee selbstverständlech Échangé maachen.

Also, Kloertext: E modernt Patientenrechtsgesetz mat Médiation wäert an deenen nächste 14 Deeg, dräi Wochen op den Dësch kommen. Mir hunn d'Aarbechten ofgeschloss. Mir haten eng Préconsultation. Mir hunn an der Préconsultation enger Rei vun Avisé Rechnung gedroen. Dofir huet et am Virfeld e bësse méi laang gedauert. Et kann awer dofir ëmsou méi séier goe bei der Instruktioun vun deem dote Projet.

Dann e Problem, dee mer iwwer Joren och kontrovers diskutéiert hunn. Dat ass den Droit de recours am Beräich vun dem Reclassement professionnel. Mir hate bis elo Schwierigkeete fir op de Wee vun engem Rekursrecht ze goen, well den Avis vun dem Contrôle médical u sech schwierig..., dass et schwierig ass fir do e Recours unzesetzen.

Mir wäerten awer am Projet, dee sougutt wéi fäerdeg ass - déi finanziell Froe sinn nach an der Diskussioun -, e Rekursrecht bei enger Décision vun der Commission de reclassement usetzen, sou dass mer domat dem Wonsch vum Médiateur, deen e méi wéi eng kéier geäussert huet, wäerte Rechnung kënnen droen an och net mengen, dass mat deem dote Recours d'Prozedur iwwerméisseg verlängert wäert ginn. Ech mengen, datt ass dee richtige Wee. Mir hunn eis ëmmer gestäipt dat unzesetze bei dem Avis vum Contrôle médical, mä bei enger regelrechter Décision vun der Commission de reclassement gëtt dat wierklech e Sënn.

Ech mengen, op déi aner Punkte wäert de Justizminister kënnen agoen. Dat sinn déi zwee Haaptpunkten, déi a mengem Beräich dra waren.

Ech wëll soen, dass vill vun de Fäll, déi un de Médiateur erugedroe gi sinn, aus dem Beräich Sécurité sociale komm sinn. Ech wëll awer soen, dass ganz vill vun deene Fäll konnten zur Zufriedenheit geléist ginn. Et ass och drop zréckzeféieren, an dat ass, mengen ech, eng Konklusion, déi ech zéien, dass de Médiateur och an deenen eenzelne Ministère gutt Usprichpartner muss hunn, déi e kënnen begleeide bei der Instruktioun vun deenen eenzelnen Dossier an déi kënnen mathëllefen, fir eng Solution erbaizeféieren. Mir hunn dat am Ministère de la Sécurité sociale. Mir sinn och amgang déi Reläisen ze verbessern an deene verschidde Branché vun der Sécurité sociale.

Voilà. Dat gesot, géif ech d'Tribün fräimaachen, Här President, fir mäin Zwillingsbrudder, de François Biltgen.

(Hilarité)

► **M. le Président.**- Merci, Här Gesondheitsminister. An den Här Justizminister kritt d'Wuert.

(Interruptions)

► **M. François Biltgen, Ministre de la Justice.**- Merci, Här President. Dat ernënnert mech drun, dass déi zwee Zwillingsbrudder, mat awer zwou verschidde Blutgruppen, viles gemaach haten a mer och bal fäerdeg ware mat dem Reclassement professionnel. An ech hoffen, dass dat dann effektiv weidergeet, well mer vill och an der Vergaangenheet dru ge-

schafft hunn, wat e reelle Problem ass, deen awer och net esou einfach ze léisen ass.

Ech wëll fir d'Éischt e puer Réflexions générales féieren. Déi éischt ass déi, dass den Ombudsmann, dee wuel Médiateur heescht, awer kee Médiateur ass an deem Sënn, wéi mer elo e Gesetz iwwert d'Médiatioun gemaach hunn. Ech soen dat ëmmer erëm. Ech wär méi frou, et hätt een en aneren Titel, och hei an der Chamber, wéi dee vum Médiateur. Ech weess, dass beim Ombudsmann gesot gëtt, dat ass eppes Skandinavesch. Mir hunn aner Titelen. A Frankräich ass den Numm scho gefall.

Well de Médiateur, dee mer ëmmer méi brauchen, dee mer zum Beispill och wëllen an der Fonction publique aféieren an eiser Reform, dee soll an der Santé erakommen, soll e Médiateur sinn am Sënn vum Médiationsgesetz wat mer gemaach hunn. Nämlech een, deen nëmme ka fräiwëlleg befaasst ginn a muss d'accord sinn an deen och nëmme ka Solutionen virschloen, awer net kann eng imposéieren.

Den Ombudsmann, dee mer beim Stat hunn, deen dierf sech awer net dorobber eleng beschränken. Dee muss wierklech méi hefteg virgoen an de Leit recht ginn. Well wann e just seet, mir bréngen déi zwee zesummen a kuckt, dass der eens gitt, da géif viles net erauskommen. Dat ass e bësselche mäi Problem mat der Begriffsverwirrung vu Médiateur/Ombudsmann.

Dat zweet ass, dass et en Organ vun der Chamber ass. Ech weess, dass den Owend nach vill Manifestatiounen sinn, ënner anerem bei de Bauhären, ech kommen nämlech nach eng kéier op déi zréck, deen Ordre professionnel. Ech wär just méi frou gewiescht, et hätt een eng Zäit fonnt, wou ee méi intensiv nach hei hätt kënnen iwwer Konklusiounen diskutéieren.

Well et ass alles e bësse méi komplex, wéi just ze soen, den Ombudsmann, dee seet elo eppes, wat der Regierung net schmaacht, an domadder hat et sech. Et kann een nämlech och uerdentlech mam Ombudsmann zesummeschaffen. An et kann ee jo proaktiv kucken, mam Ombudsmann zesummenzeschaffen. Et ass dat, wat mir am Justizministère gemaach hunn.

Mir hunn natierlech dee Virdeel, wëll ech och soen, dass den Ombudsmann an engem Gesetz, wat der gestëmmt hutt, wat awer vill kritiséiert war intern, ier dass et koom, dass den Ombudsmann eng nei Aufgab kritt huet. Dat heescht, den Ombudsmann ass net nëmme Ombudsmann. En ass och de Contrôleur externe vun alle geschlossene Raim.

Dat huet net nëmme eppes mam Justizminister ze dinn. Dat huet och eppes mam Gesondheitsminister ze dinn. Et huet eppes mat der Polizei ze dinn.

Mä mir hunn opgrond vun där doten Aufgabenstellung decidéiert gehat, am Virfeld vun der Élaboration vun den neie Gesetzter iwwert de Prisong an d'Exécution des peines, den Ombudsmann an d'Médiateure ze biede fir matzeschaffen.

Dat huet eis viles bruecht. Ech war och dofir e bësse getouft, wéi elo eng Organisatioun dee Projet total zerrappt huet. Also, alles ass do net... Et ass nach viles ze diskutéieren. Mä ech mengen, mir hu just an deem dote Projet versicht fir extrem vill de Mänscherechter Rechnung ze droen. Do wäerte mer och weider dru schaffen.

An een Element vun deem gudde Projet, deen awer do virläit fir mech wat d'Mänscherechter ubelaangt, huet och domat ze dinn, dass mer mat de Servicé vum Ombudsmann zesummeschaffen hunn an dat leeft och elo weider.

Ech mengen, mir si jo nach net fäerdeg mat deene Reformen. Mir hunn och elo mat der Madame Err en Accord fonnt, wéi mer eis d'Aarbecht opdeelen, ouni double emploi ze maachen, mä wéi mer wierklech kucken, wéi och den Ombudsmann hei kann dem Justizminister hëllefen op eng Partie Problemer anzegeen, déi sech effektiv och nach konkret am Praktische stellen.

Viles huet nämlech net nëmme eppes mat de Gesetzter ze dinn. Viles huet och mat deem Praktischen ze dinn. Dofir soen ech, et kann een absolut gutt zesummeschaffen. De Justizminister ass net deen Eenzegen. Mä ech wollt awer hei soen, dass mer et hei wierklech fäerdeg bruecht hunn, an deem grouse Komplex vun der Reform vun eiem Système pénitentiaire, fir do eis Kräften ze bündelen an doduerch ze kucken, wierklech eng fortschrëttlech Reform ze maachen.

Ier dass ech op d'Konklusioun vum Rapport aginn, zwou Saachen, déi de Justizminister interesséiert, déi hei opgeworf goufen. Dat eent war d'Saisie-arrêt.

Et ass richtig, dass mer déi Amendementen nach net déposiert hunn, well déi Amende-

menten net nëmme vum Justizministère musse geschriwwen ginn, mä si mussen och mam Familljeministère gemaach ginn.

An déi grouss Fro, déi sech stellt - déi huet iwwregens den Här Henckes hei opgeworf -, an dat ass déi, woufir mer ëmmer erëm ronderëm dréinen - ginn ech gären zou -, dat ass eben d'Fro: Wéi wäit ass de Revenu minimum garanti e Revenu minimum garanti? Oder wéi wäit kann en och ënnert d'Cessiou an d'Saisie fallen? Dat ass déi grouss, och philosophesch Fro, wou effektiv bei de Services, wou zum Deel Angsichte bestinn a wou een ebe muss kucken, wéi een do eng uerdentlech Solution fënnt.

Ech wäert awer weider derfir suergen - mat der Madame Jacobs, et ass eise gemeinsame Willen -, dass mer kucken do eppes ze maache wat och d'Strooss hält a wat awer och praktesch exécutabel ka sinn. Do si mer effektiv..., hu mer dat nach net gemaach, wat mer versprach hunn, déi Amendementen ze déposieren. Wäerte mer maachen.

Zweet Fro: d'Verjährung. Do ass elo emol déi éischt Stëmm, déi ech haut héieren hunn, dat war och erëm den Här Henckes, dee se eigentlech net do bei de Médiateur geschloen huet. Mir haten och ganz vill Retizenzen an der Regierung, fir ze soen, mir gi vun 30 Joer erof op zéng Joer. Allerdéngs si mer an enger Diskussioun, déi mer och mam Ombudsmann haten, dozou komm: Kommt, mir kucken elo emol zéng Joer ze maachen! An Däitschland si se op dräi erofgaangen, a Frankräich zéng respektiv fénnef Joer. Dat eent am Kontraktuellen, dat anert am Netkontraktuellen.

Ech mengen zwar schonn, dass et richtig ass, dass ee mat de Prescriptionen erofgeet. Ech wëll dann och soen, dass dat, wat den Ombudsmann monéiert hat, dat waren och virun allem d'Prescriptionen bei staatleche Stellen. Och do wëll ech awer soen, dass d'Regierung d'accord war, fir do elo emol op zéng Joer erofzegoen.

An ech wëll dann och kucken, dass mer do géifen e Projet de loi awer an deem dote Sënn aféieren. Also, wéi gesot, hei si mer kloer an zivilrechtliche Beräich, net am strofrechtlechen; dass een dat net verwiesselt mateneen. Den Ombudsmann huet och näischt gesot iwwert déi strofrechtlech Verjährung; hei sinn déi zivilrechtlech.

Da wollt ech op de Rapport agoen an nach eng kéier soen, dass eng Partie Saachen nu wierklech eigentlech d'Chamber selwer interesséieren. Duerfir wollt ech och net hei eng Meenung ginn, ob den Ombudsmann an d'Verfassung gehéiert, ob e soll e weidere Champ de compétences kréien. Ech mengen, dat ass nu wierklech d'Chamber, déi dat soll diskutéieren. D'Regierung wäert sech dräi Debatt net verschléissen. Ech mengen, et ass emol virun allem eng Debatt vun der Chamber, wou haut wuel jiddweree seng Meenung gesot huet, mä wou et vläicht besser gewiescht wär, et hätt een och kënnen zu Konklusiounen kommen.

Ech wëll dat soen, dass mer muer beim Här Meyers an der Institutionskommissioun ufänken, iwwert d'Verfassung ze diskutéieren. Eng kéier muss dann déi Fro och gekläert ginn, an deem engen oder an deem anere Sënn.

Ech ginn net an op déi lescht Fro iwwert de Service de l'éducation différenciée. Ech mengen, hei ass op der Chambertribün alles gesot ginn, wou deen Dossier elo zurzäit drun ass, eben opgrond vun enger Partie anere Prozeduren. Duerfir loossen ech dat elo hei ausklammert.

An ech wëll virun allem dann, an dann och zum Schluss, Här President - jo, ech hunn nach e bëssen -, agoen op déi Recommandatioun 45, „l'institution d'un organe de surveillance auprès des ordres professionnels“.

Douzou Folgendes: De Médiateur - Ombudsmann, besser gesot dann - huet... Jo, elo gëtt et méi schwierig, deem säi Successeur huet d'Fanger op eng Wonn geluecht an eng Proposition gemaach, déi awer méi Froen opwerft wéi se der léist. An ech mengen, do ass e bësselchen e Problem an der Diskussioun komm.

Da kennt nämlech derbäi, dass et awer verschidden där Organer gëtt an dass et vläicht net klug war - gutt, en huet et elo gemaach -, fir ze soen: Mir maachen een Organe de surveillance fir sämtlech Ordres professionnels.

Woubäi ech wëll soen, well ech dat hei héieren hunn, et geet net ëm d'Beruffskummeren. Hei si guer net d'Beruffskummere viséiert. Et huet näischt mat de Beruffskummeren ze dinn. Et huet eppes mat den Ordres professionnels vun de liberale Beruffer ze dinn.



Et ass awer e groussen Ënnerscheed tëschent den Architekten an den Ingenieuren an deenen aneren. Duerfir hat ech virdru vu Bauhärepräis gesot. Dat ass awer eng aner... Dat ass och en Ordre réglementé, eng Profession réglementée. Et kann ee se awer net zum Beispill mat den Affekoten, mat den Notairen, mat de Huissieren an een Dëppe geheien. Duerfir, mengen ech, ass déi richteg Fro, déi opgeworf gouf vum Marc Fischbach, dat ass déi: Fonctionnéiere se? Kréien d'Leit eng Äntwert? Geet et weider? Dat ass déi richteg Fro.

Herno ass sech just net mat dem Diagnostic beschäftegt ginn, mä just mat der Solutioun, déi virgeschloe gouf. An déi, soen ech, ass schwieereg ëmzesetze fir jiddwereen. Ass souguer schwieereg och fir d'Affekoten ëmzesetzen, wann op eemol do Riichter kommen, déi driwwer sinn. Duerfir, mengen ech, ass d'Fro richteg opgeworf, bleift richteg opgeworf, mä et soll ee vläicht kucken, an all Ordre professionnel seng eege Solutioun ze fannen.

Ech mengen, meng Kolleejin, d'Madame Hetto vum Mëttelstandsministère, déi ebe fir eng Partie Ordres professionnels zoustänneg ass, huet jo scho gesot, si kéint mat där neier Proposition, déi elo an der Diskussioun mat der Madame Err erauskomm ass, fonctionnéieren. Ech

selwer hat Gespréicher zum Beispill bei den Notairen, wou ech och ähnlech Gespréicher mat hinne gefouert hunn, wou ech awer muss soen, dass doduerch, dass iwwerhaupt dat Gespréich opkomm ass, ech an deene leschte Méint gemierkt hunn, dass keng Reklamatioune méi bei de Justizminister kommen. D'Notairen hu mëttlerweil..., do komme keng Plaintë méi, dass et net géif weidergoen, sou dass och do eng Reaktioun komm ass.

An dat wëll ech och soen: Fir mech ass et wichteg, dass dee Constat, dee gemaach gouf vum Marc Fischbach, dass deen net méi erëmkennt, egal wat fir eng Solutioun een elo fënnt. Duerfir wär ech och méi frou, et géif een net soen, mir maachen eng Solution globale fir alles. Mä kommt, mir kucken iwwerall, wou mer um Conseil de l'ordre sinn, fir dat ze maachen.

De Justizministère huet der dräi. Dann, wéi gesot, ass de Gesondheitsminister concernéiert. Dann eben d'Mëttelstandsministesch mat dem Ordre des architectes et des ingénieurs-conseils an dem Ordre des experts-comptables. De Gesondheitsminister mam Collège médical. Ech mengen, et soll jiddweree bei sech kucken, mat de Leit ze schwätzen, wéi ee ka Solutiounen fannen.

Wat ech net wéilt hunn, well dat awer e wesentlecht Element vun eiser Organisatioun an och vun de fräie Beruffer ass, dat ass, dass ee géif elo soen: Mir schafen d'Conseils de l'ordre of. Mä do, wou Problemer sinn, an do sinn der jo festgestallt ginn, do soll ee kucken, d'Leit esou och selwer ze responsabiliséieren, dass se selwer uerdentlech Solutiounen fannen. A wéi gesot, ech hu festgestallt, dass bei den Notaire gekuckt ginn ass, dass keng méi kommen. Beim Conseil de l'ordre vun den Affekoten ass vill gesot ginn, dass et do verschidde Problemer gëtt. Mir solle weider dru schaffen. Mir sollen en Dialog féieren.

An ech mengen, déi lescht Réunioun, déi Är Kommissioun hat, d'Petitiounskommissioun, och mat der Madame Err, huet jo gewisen, dass ee kann op e manner zentralistesche Wee goen. Mä et soll ee weider doriwwer diskutéieren. An ech wëll lech och soen, dass duerfir och d'Regierung frou ass, wa mer elo nei Weeër fannen, amplaz déi Solutioun, déi de Marc Fischbach virgeschloen huet. Mä et ass net d'Oflehne vun där Solutioun, déi d'Regierung géif dozou bréngen, fir ze soen, mir sollen net weider driwwer diskutéieren.

Well wann déi Professions réglementées net uerdentlech fonctionnéieren, da stelle se sech


jo selwer a Fro. A wa mer dat net wëllen - a mir wëllen dat net, soen ech och als Regierung, mir wëllen dat net -, da solle mer och mat hinnen diskutéieren, mä si selwer forcéieren, fir Solutiounen ze fannen.

An ech soen, no deem neie Médiatiounsgesetz gëtt et jo déi Méiglechkeet. D'Affekote kennen dat schonn. Mä et gëtt och nach aner Plazen, wou een dat dote ka maachen.

Voilà, Här President, Kolleejinnen a Kolleejen, dat waren eigentlech déi Saachen, déi ech dozou ze soen hat. Ech géif lech och bieden, an der Kommissioun selwer ze kucken, wéi een..., well ech hu souguer d'Gefill esou haut gehat, dass dat esou op Order ass, et steet am Gesetz, dass ee soll eng jährlech Debatt féieren, dass dat esou e bësselchen e lästegen Exercice ass.

D'Fro ass, ob een net kéint och kucken, wéi een déi Debatten nach méi kéint méi intensiv féieren, fir och vläicht zu méi direkte Konklusiounen a Schlussfolgerungen ze kommen, woumat een dann och kéint d'Chamber, och e bësselchen d'Regierung ënner Drock setzen, a sech ënner Drock setzen, fir weiderzekommen.

Ech mengen, mir hunn elo eng gewëssen Erfahrung gemaach.



CHAMBRE
DES DÉPUTÉS

Chamber TV

weist all
öffentlech
Sëtzung
live an integral

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29



An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32



An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29



An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz



Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Bërmereng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem an Nouspelt

um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz



An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)



Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz



(Interruption)

Mir hunn eng gewëssen Debatt, mir hunn eng gewëssen Erfahrung elo. An ech mengen, et soll een dann elo hei kucken, wéi mer weiderkommen. D'Regierung verschléisst sech op alle Fall där Diskussioun net.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Justizminister. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun iwwert deen dote Punkt a mir kéimen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour fir haut de Mëtteg.

D'Fraktioun vun deene Gréngen huet eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Reform vum Droit d'auteur am digitalen Zäitalter ugefrot. Hei ass d'Riedezäit nom Artikel 84, zweeten Alinéa vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou; deenen anere Fraktiounen jeeeweils fënnf Minutten; de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn.

Bis elo hu sech ageschriwwen: d'Madame Aehm, den Här Berger, den Här Fayot an den Här Henckes. D'Wuert huet elo den honorebelen Här Claude Adam als Vertrieeder vun der Fraktioun vun deene Gréngen.

9. Heure d'actualité du groupe déi gréng sur la réforme du droit d'auteur dans l'époque digitale

Exposé

► **M. Claude Adam** (*déi gréng*).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Droits d'auteur sinn esou eng wichteg a komplex Matière, datt ech an deenen zéng Minutten, déi ech hei fir déi gréng Fraktioun Zäit hunn, net op all Aspekter kann agoen. An ech soen lech och direkt, Här President, ech hunn eng Motioun derbäi. Ech wäert also nach e bësselchen iwwert déi zéng Minute vun der Zäit erausgoen.

D'Droits d'auteur schützen zum Beispill literaresch oder aner künstleresch Wierker an hir Créateure respektiv Auteurs, andeems se hinnen exklusiv d'Entscheidungsgewalt, wat d'Notzungsrechter vun hire Wierker ugeet, zougestinn. Selbstverständlech gëtt et awer net just an der Konscht Auteurs an Droits d'auteur, mä och an der Wëssenschaft, an der Industrie, bei den Architekten, Film a Fernseh. An et ass ganz kloer, datt ganz allgemeng d'Droits d'auteur an do derniewent d'Droits voisins ee gewaltegt kommerziellt Potenzial duerstellen.

Ech ginn net op déi verschidden Aspekter vun der Législatioun an an och net op all Detailer. Ech kann lech do just wäermstens recommandéieren, niewent enger Rei interessante Publikatiounen um Site vum Office de la propriété intellectuelle mindestens och d'Nummer 305 vun der Zäitschrëft „Forum“ vum Mäerz 2011 ze liesen. Ech hunn déi Zäitschrëft iwwregens abonnéiert, hunn awer bei menger Preparatioun op den Internet zrëckgegraff, wou dës Zäitschrëft integral, fräi a gratis ze fannen ass.

An domat wier ech och scho matzen am Sujet vun der Heure d'actualité vun de Mëtten.

Mir liewen an enger Zäit, wou ee groussen Deel vun de geeschtegen a kënschtlerech Wierker scho vum éischten Dag un, wou se entstan sinn, praktesch onendlech - well ouni Qualitéitsverloscht - reproduzéierbar sinn. Dat kann ee begrëssen, well esou ka Kultur enger grousser Unzuel vu Leit zougänglech gemaach ginn.

Dat ass awer bäi Wäitem net esou onproblematesch, wéi et vu verschidde Säiten duergestallt gëtt. D'Urheberrecht ass eigentlech eng zimlech jonk Erfindung. Éischt legislativ Initiative sinn et zwar schonns 1836 zu Lëtzebuerg ginn. Eng komplett Législatioun gëtt et awer éreischt zënter 1898 bei eis.

Mä och haut hu mer nach, oder vläicht kann een och soen, mir hunn erëm nees eng relativ Rechtsongesécherheet, besonnesch wat de Punkt vun der Copie privée ugeet. An ech zitëieren do den RTL-Site vum 1. Mäerz 2012: „Zu Lëtzebuerg kann ee weider schwaarz am Internet eroflueden, ouni dofir bestrooft ze ginn, soulaang een dat net aus geschäftleche Grënn mécht, fir zum Beispill domat Profit ze maachen.“

An enger gemeinsamer Wirtschafts- a Mediëkommissioun huet de Wirtschaftsminister Etienne Schneider den Deputéierten nach emol erklärt, datt sech zu Lëtzebuerg net wierklech eppes wäert änneren, wann den ëmstriddenen ACTA-Accord bis a Kraaft trëtt.

Mir sinn éischtens der Meenung, datt den ACTA-Accord mat der Oflehnung vum Handelsausschuss vum Europaparlament d'lescht Woch net nëmmen ëmstridden, mä éischter mausdout ass, a mir fannen zweetens dës Interpreta-

toun vum Minister, dat heescht eng Limitatioun op kommerziell Verstéiss, gutt.

Allerdéngs stinn dem Minister sengen Aussoen zum Beispill d'Ausso vum Jean Putz, Auteur vum Buch „Le droit d'auteur au Luxembourg“, entgéint. Ech zitëieren doraus: «Il est douteux si le droit à la copie privée existe actuellement au Luxembourg, puisque la loi subordonne son exercice à ce que les auteurs perçoivent en échange une compensation équitable. Or, le règlement grand-ducal censé définir les modalités de calcul et de perception de cette compensation n'a jamais vu le jour.»

Déi Ausso vum Här Putz steet iwwregens net op enger privater Homepage oder bei Luxorr, mä um Site vum Ekonomieministère selwer.

D'Geschicht weist eis, datt d'Urheberrecht ëmmer e relativ flexibel Instrument war, dat sech de jeeeweilegen techneschen Neierungen ugepasst huet. Den Ennerscheed vun haut zu fréier ass virun allem d'Tatsaach, datt déi nei Medien d'Urheberrecht fir all Mënsch relevant gemaach hunn, an net just nëmme méi fir d'Kënschtler an déi grouss Mediëkonzernen.

Mir sinn haut eigentlech alleguer gezwongen, d'Regelwierk vun den Droit-d'auteurs ze kennen, et anzehalen oder et eben net anzehalen a sech an der Illegalitéit oder der Grozon tëschent Illegalitéit a Legalitéit opzehalen.

déi gréng sinn der Meenung, datt et héich Zäit gëtt och hei zu Lëtzebuerg, sech mat enger Reform vun den Droits d'auteur ze befaassen. Hei zu Lëtzebuerg ass d'Propriété intellectuelle als Ganzes am Ministère de l'Économie et du Commerce extérieur ugesiedelt. Dat mécht zum Deel Sënn, well d'Propriété intellectuelle jo och nach Brevete fir Erfindunge betrëfft genausou wéi d'Marke vu Produiten an Déngschtleeschungen, Produktiounsgeheimnisser an esou weider.

Dat kann eng Chance si par rapport zum Ausland, wou d'Droits d'auteur entweder bei der Justiz leien oder an de Kulturministären. Dat kann awer och en Nodeel sinn, wann déi kulturell an déi juristesche Aspekter ze kuerz kommen. A mir hunn d'Gefill, dat wier zu Lëtzebuerg am Moment de Fall.

Dem däitsche Museker a Schrëftsteller Sven Regener seng Wutried, wou hie sech iwwert d'Piraterie an YouTube iergert, hunn ech mer ugehéiert - natierlech op YouTube, wou da soss. Engersäits kann ech déi Roserei vun engem Kënschtler verstoen. Et sinn iwwert déi lescht Méint a Joren och Aussoe gemaach ginn, déi all Mënsch, dee säi Liewensënnerhalt als Kënschtler verdéngt, müssen op de Bam dreiwien.

Ech zitëieren aus dem „Forum“ vum Mäerz 2011: „Aber wie sollen Künstler denn Geld verdienen? Die einzige richtige Antwort darauf ist: Wie sie wollen!“

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, esou einfach däerfe mer eis et awer net maachen! Ech froe mech wierklech, wéi ee Gesellschaftsmodell Leit eis wëlle verkafen, déi esou eng Ausso schrëftlech, also reflektéiert zum Beschte ginn.

Ech zitëieren eng Ausso vun deeneselwechten Auteurs aus darselwechter Zeitung: „Das Urheberrecht muss sich von der Idee des Eigentums trennen und akzeptieren, dass eine Idee keine Ware ist. Einmal ausgesprochen (veröffentlicht), lässt sich eine Idee nicht mehr einfangen, sie gehört niemandem und darf von jedem benutzt werden. Diese Entwicklung ist nicht nur nicht mehr aufzuhalten, sondern auch zum Vorteil der Schöpfer und eines breiteren Zugangs zu Wissen und Kultur.“

Wat hei iwwer eng Iddi geschriwwen steet, ass richtig. Den Droit d'auteur ass jo och net applicabel op Iddien. Wann allerdéngs d'Aarbecht oder d'Wierk vun engem Kënschtler nach just de Statut vun enger Iddi soll hunn, dann ass et fir eis kloer, datt dat net méi akzeptabel ass.

déi gréng sinn awer der Meenung, datt mer müssen d'Gesetzgebung iwwert d'Droits d'auteur reforméieren, ënner anerem och, fir datt d'Rechter vun den Auteurs och an Zukunft kënnen respektéiert ginn. Eis ass et wichtig, eng nei, fair Balance tëschent den Interesse vun den Auteurs selwer, vun de Firmen, vun de Konsumenten a vun der Gesellschaft als Ganzes ze fannen.

Mir fannen et och wichtig, engem vun de Grondprinzipië vum Web 2.0 an dem digitalen Zäitalter eng legal Basis ze ginn, nämlech dem Prinzip vun Sharen a Remixen, dee grondsätzlech net op déi aktuell Législatioun passt.

An dann de Punkt vum Filesharing. Mir sinn der Meenung, datt et onrealistesche an och onméiglech ass, de Filesharing ze ënnerbannen. Dat géif just goen, wa mer de fräien Internet géifen ofschafen, wa mer d'Schrëtter vum Internet géife kontrolléieren. Dat ass fir eis absolut inakzeptabel.

Mir gesinn och déi positiv Säite vum Filesharing: e breede kulturellen Austausch zu engem minimale Präis. An et gi jo net nëmme piratéiert Wierker doriwwer ausgetosch.

Mir si frou, datt mer de Minister do op eiser Säit hunn. Mir hu just Zweifel, datt mer schonns esou wäit sinn, wéi hie gemengt huet, datt mer wieren. Am Moment schéngt déi Grozon vum Downloaden nach all Mënsch ze arrangéieren. Mir ginn allerdéngs dovun aus, datt dës bequem Positioun net éiweg haltbar ass.

De Filesharing huet jo niewent dem Volet Downloading och prinzipiell e Volet Uploading, an dee schéngt eis rechtlech och kloer ze sinn. Dat dierft och zu Lëtzebuerg illegal sinn. Mir müssen eis als Gesellschaft duerfir dréngend Gedanke maachen, wéi mer de Filesharing fir den net kommerziellen Austausch kënnen legaliséieren. Wéi wäit datt eng Flatrate fir déi eventuell finanziell Verloschter fir Künstler misst agefouert ginn, och doriwwer léisst sech diskutéieren.

Mir verspären eis net vu vieren esou enger Mesure, ginn awer emol direkt ze bedenken, datt et duerchaus Beispiller gëtt, wou Filesharing éischter zu enger Hausse vun de Recettë vu Künstler bäigedroen huet, wéi datt et Künstler geschiedegt huet. En illustert Beispill aus der IT-Branche: Microsoft Windows hätt global ni esou eng Dominanz op de PCen erreecht, wann en net hätt kënnen relativ einfach kopéiert a weiderverdeelt ginn.

Natierlech behalen d'kommerziell Ubidder hire Marché. Si mussen mat besserer Qualität, engem schnelle Service, enger flotter Plattform, dem Marketing ronderëm hire Produiten iwwerzeegen. D'Majoritéit vun de Leit bezuele guer net esou ongär, wann de Service uerdentlech ass. iTunes weist et. Mä den digitale Marché ass nach oft un national Grenzen oder u Software- an Hardware-Restriktiounen gebonnen. D'Angebot ass och haut nach net optimal.

Et ass kloer, datt et net nëmme Gratiskultur däerf ginn. Gratis ass kee Mënscherecht. Dat illegal Geschäft mam Eroflueden ass ënner anerem och grouss ginn, well déi grouss Mediëkonzernen dat legalt Geschäft verschlof hatten. Déi Kënschtler an Auteurs, déi wëllen, müssen hir Wierker awer och kënnen fräi a gratis weiderginn. Dat ass am Moment net esou selbstverständlech wéi et kléngt.

D'Situatioun zu Lëtzebuerg ass allerdéngs lichter eng aner wéi an eisen Nopeschlänner. Eis Verwärtungsgesellschaften, SACEM a Luxorr, fir just déi zwou gréisst ze nennen, trieden anescht op wéi hir Schwëstergesellschaften am Ausland. Dat huet wahrscheinlech virun allem eppes mat der Gréisst vum Land ze dinn, also mat der Gréisst vum Lëtzebuerger Marché. Eis Verwärtungsgesellschaften hëllef hire Memberen, de Rechtsinhaber, hir Rechter ze verwäerten, och international. Trotzdem mussen mer eis regelméisseg froen, ob dës System nach ëmmer gerecht oder gerecht genuch fir d'Auteurs ass an ob en net misst ugepasst ginn.

déi gréng sinn der Meenung, datt mer müssen d'Gesetzgebung iwwert d'Droits d'auteur reforméieren, ënner anerem och, well et een enorme Bedarf gëtt, fir Patrimoine an der Nationalbibliothék ze retten an zougänglech ze maachen duerch Digitaliséieren. Mä duerch déi extrem laang Duréee vun Droits d'auteur ass d'Rechteklärung mindestens schwierig an dacks souguer onméiglech.

Mir sinn der Meenung, datt et just den Interesse vu grouss Mediëkonzernen déngt, wann d'Droits d'auteur bis 70 Joer nom Doud vum Auteur gëllen, an och d'Eropsetze vun den Droits voisins vu 50 op 70 Joer, wéi et nach elo kuerz mat der EU-Direktiv vum 27. September 2011 gemaach ginn ass, schéngt eis d'Resultat vum Drock vu grouss Mediëkonzerner ze sinn. Et gouf eng ganz Rei Etüden, déi gewisen hunn, datt esou eng Mesure net géif a Relatioun zu den Interesse vun de Kënschtler stoen.

Bei den Droits d'auteur handelt et sech ëm e komplizéiert internationaalt Regelwierk. Do wou et awer schonns kontraktuell Méiglechkeete gëtt, fir am Sënn vun engem modernen, digitalen Droit d'auteur weiderzkommen, sollte mer zu Lëtzebuerg Zeeche setzen an einfach emol ufänken. Mir sinn nämlech hannendran.

Ech ginn e puer Beispiller. Éischtens, wat „open access“-Mandater fir öffentlech gefördert Fuerschung betrëfft. D'Uni Lëtzebuerg hat am Mee dëst Joer eng Informationsversammlung iwwert d'Virdeeler vun dem „open access“-Wee organiséiert. „Open access“ ass näischt Geheimnisvolles méi, mä wäert a kuerzer Zäit déi allgemeng verpflichtend Norm ginn.

Wat ass d'Positioun vun der Regierung zu „open access“? Wéi huet den FNR sech hei positionéiert? Wéi stinn eis CRPen zu där Erausforderung?

Zweet Beispill: Wéi steet et mam Benotze vun „creative commons“-Lizenzen? Mindestens an eise Schoulen? Missten net weinstens eis Schoulen déi Pilotprojeten ëmsetzen, explizit wënschen, datt d'Léiermaterialië weiderbenotzt kënnen ginn? Ennerstëtzt a fördert den Éducatiousministère - eventuell duerch de SCRIPT -d'Entwécklung vun oppene Léiermaterialien? Dat heescht, investéiert de Ministère an dës Entwécklung?

En drëtt Beispill: D'SACEM a Frankräich huet e Pilotprojet gestart, wou se hire Membere gestatt, fir parallel „creative commons“-Lizenzen ze benotzen. Wier eis SACEM bereet, sech esou engem Projet unzeschléissen?

Mir kéinte jo souguer e bessere Pilotprojet maachen, well mer jo zumindest engem Deel vun de Kritike kéinte Rechnung droen, déi dësem Projet a Frankräich entgéintgesat gi sinn.

Véiertens, wat leeft am Beräich „open data“ zu Lëtzebuerg? Alles a Botter oder alles entschlof?

Fënneftens, an zu gudder Lescht nach: Wéi ass et mat deem feelende Règlement grand-ducal zur Copie privée? Loosse mer dës Situatioun esou bestoen oder solle mer dat méi kloer regelen?

Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, Dir gesitt, et geet bei den Droits d'auteur engersäits ëm den internationale Beräich, wou mer natierlech aktiv solle sinn, mä wou mer eleng net vill erreeche kënnen, an da gëtt et de Beräich, wou mir elo scho vill méi aktiv kéinte sinn, wéi mer et am Moment sinn. Hei si vill Aspekter, déi matspillen, also vill Ministären, déi beträff sinn: d'Recherche, d'Éducation nationale, den Enseignement supérieur, d'Kultur.

Wou ass dee Forum, d'Debatt, fir grondsätzlech ze iwwerleeën, wéi den Droit d'auteur an d'Droits voisins solle weiderentwéckelt ginn? Wéi kënnen mer nei, innovativ Firmen ulackelen, déi op Sharing a Remixing ausgeriicht sinn? Wou ass d'Kompetenz an de Schoulen, an de Bibliothéiken, an der Regierung, fir mat deenen neie Froe richtig ëmzegoen?

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren, Här President, an ech déposéieren dann eng Motioun, wou ech déi Punkten, déi ech hei opgeworf hunn, zrëckbehalen. Ech wier frou, wann ech d'Ennerstëtzung vun der Chamber do kréich.

Merci.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant que le régime actuel du droit d'auteur et de ses droits voisins n'est plus adapté aux réalités de l'ère numérique et nécessite une réforme en profondeur à l'échelle internationale;

- déplorant que les projets de réforme des dernières décennies dans certains États membres de l'UE de même qu'au niveau international aient surtout opté pour un élargissement de la durée de protection en la portant de 50 à 70 ans après la mort de l'auteur et pour une extension du catalogue des sanctions et une répression accrue des infractions;

- rappelant qu'une réforme du droit d'auteur et des droits voisins ne peut pas être élaborée avec comme seul critère l'aspect économique, mais qu'elle concerne aussi la culture et l'éducation;

- convaincue qu'une réforme se doit de trouver un rapport plus équitable entre les intérêts des auteurs/créateurs, respectivement des professionnels vivant des retombées des droits d'auteur et des droits voisins, ceux des consommateurs et ceux de la société en général;

- estimant qu'en attendant une réforme plus profonde et à long terme de la législation européenne, il existe déjà aujourd'hui une série de principes et de pistes d'actions facilement transposables qui permettront à la société luxembourgeoise de profiter des atouts de l'ère numérique;

- évoquant notamment comme exemples la promotion de l'«open data», de l'«open access» et des licences libres «creative commons» ou autres, de même que la question de la «copie privée»;

invite le Gouvernement

- à mettre en place dans les meilleurs délais un forum de discussion incluant à la fois les différents acteurs et associations professionnelles concernés et des représentants des consommateurs et de la société civile afin de charger ce forum de la conceptualisation des pistes nécessaires pour une réforme en profondeur du droit d'auteur et un rapport plus équitable entre les intérêts des uns et des autres;

- à s'engager au niveau de l'Union européenne en faveur d'un droit d'auteur plus équitable;